

GEMENGEBUET BECH

NR. 117

Hanner Bra

méi Plaz fir d'Liewen
an der Gemeng

.....
Säit 05

07
26



GEMENG BECH
ZÉNG DIERFER • ENG GEMENG


www.bech.lu


Ëffnungszäite vun der Gemengeverwaltung Bech

Méindes bis Donneschdes: 08.00 - 12.00 Auer & 13.00 - 17.00 Auer

Freides: 08.00 - 12.00 Auer (nomëttes zou)

Nätzlech Telefonsnummeren

Gemengeverwaltung

Telefonzentral: 790 168-1

Sekretariat: secretariat@bech.lu / 790 168-20

Recette: recette@bech.lu / 790 168-21

Populatiounsbüro: julie.cannivy@bech.lu / 790 168-22

Schäfferot

Max Pesch, Buergermeeschter: maxpesch@bech.lu

Norbert Classen, Schäffen: norbertclassen@bech.lu / 790 712

Bibi Wintersdorf, Schäffin: bibiwintersdorf@bech.lu

Schoul a Maison Relais

Primärschoul Berbuerg: 71 93 63-1

Maison Relais Renert: 71 93 63-51

Synecosport: 71 93 63-817

Techneschen Déngscht

Ingenieur: technique@bech.lu / 790 168-23

Atelier: atelier@bech.lu / 790 672

Forstverwaltung: 247 56-762 / 621 202 188

Noutfäll a sozial Déngschter

Noutdéngscht: 112

Police-Noutnummer: 113

Policekommissariat Iechternach: 24472-1000

Regionalt Sozialamt Beaufort: 26 87 60 54

Impressum

Grafesch Gestaltung

Vidale-Gloesener,

Junglinster

Coverfoto

Joe Delhez – The Dronalist

Redaktioun Texter

Alain Kring

Bibi Wintersdorf

Gilles Kartheiser

Julie Cannivy

Marc Rausch

Max Pesch

Vivian Craig

Veräiner aus der Gemeng

Drock

Johnen Druck Luxemburg

Oplo

550 Exemplarer



4

Virwuert

5

Aktuelles

18

Kraider-Chronik

23

Gemengerotssëtzung

26

Budget

32

Natur & Regioun

38

Baustellen & Infrastruktur

40

Veräiner

44

Manifestatiounen

56


Fräizäit

60

Agenda

62

Hochzeiten & Gebuertsdeeg



Une version française est également disponible en ligne.
Scannez simplement ce code QR.

Léif Biergerinnen a Bierger,

Mat dëser neier Editioun vum Gemengebuet schloe mir als Gemeng Bech symbolesch en neit Kapitel op.

Vill vun lech hu gemierkt, datt déi lescht Wochen net ëmmer einfach waren. Verännerunge bréngen heiansdo Onsécherheeten a Froe mat sech. Dowéinst wëll ech lech als éischt ganz éierlech Merci soen – Merci fir Äert Versteesdemech, Är Gedold an déi vill konstruktiv Gespréicher, déi an dëser Zäit gefouert goufen.

Dësen neie Look vum Gemengebuet, zesumme mat eisem weiderentwéckelte Logo, soll an deem Sënn net bedeuten, datt elo alles op de Kapp gestallt gëtt. Ganz am Géigendeel.

Mir wëssen, wou eis Wuerzele leien. Eis Geschicht, eis Traditionen an dat, wat eis Gemeng iwwer vill Joren uitgemaach huet, bleiwen e wichtegen Deel vun eiser Identitéit. Mee esou wéi eng Gemeng sech mat der Zäit weiderentwéckelt, mussen och Symboler a Formater mat wuessen. Dofir hu mir eis bewosst fir eng moderniséiert Weiderféierung entscheet – net, fir mat der Vergaangenheet ze brieche, mee fir dat Bestoend mat Bléck no vir weiderzedroen.

Ech sinn iwwerzeegt dovun, datt eng Gemeng gläichzäiteg hire Wuerzelen trei ka bleiwen an trotzdeem oppen, modern an no bei de Leit Zukunft ka gestalten.

Eng Gemeng leeft net nëmmen duerch hir Gebaier oder Projekten. Si leeft duerch d'Mënschen, déi sech all Dag engagéieren – am Veräin, an der Schoul, am Duerfliewen oder einfach duerch déi kleng Gesten am Alldag, déi aus engem Duerf eng richtig Gemeinschaft maachen.

Grad an enger Zäit, wou viles méi séier, méi haart a méi individualistesche gëtt, ass et net selbstverständlech, datt eng Gemeinschaft zesummenhält. Dat muss een heegen a fleegen. Dat brauch Respekt, Nolauschteren an d'Bereetschaft, och mol verschidde Meenungen auszehalen.

Ech si fest dovun iwwerzeegt, datt mir zu Bech genee dës Stärken hunn.

Dat hu mir viru kuerzem ganz besonnesch bei der Aweiung vun eisem neie Kulturzentrum „Hanner Bra“ gesinn. Iwwer dräi Deeg hu sech eis Veräiner mat vill Häerzblutt engagéiert. Vill Leit aus der Gemeng an doriwwer eraus si laanscht komm. Et gouf gelaacht, geschwat, gefeiert an zesumme Momenter gedeelt.

Genee dat ass de Geescht, dee mir als Gemeng wëlle weiderdroen.

Hanner Bra ass dobäi vill méi wéi nëmmen e Gebai. Et ass e Symbol dofir, datt eng Gemeng nëmme funktionéiert, wann d'Leit sech als Deel vun engem gemeinsame Projet spieren. An ech mengen, datt dat och eise Wee fir déi nächst Jore soll sinn:

eng Politik, déi verbënnt amplaz ze trennen;
eng Politik, déi nolauschtert;
eng Politik, déi probéiert, d'Mënsche matzehuelen.

Natierlech wäert et och an Zukunft Diskussiounen an ënnerschiddlech Meenunge ginn – an dat ass normal an och wichtig an enger lieweger Demokratie. Mee bei allen Ënnerscheeder däerfe mir ni vergiessen, datt mir am Fong all dat selwecht wëllen:
eng Gemeng, an där ee gär leeft an erlieft,
eng Gemeng, an där jidderee seng Plaz huet,
an eng Gemeng, op déi mir zesumme kënnen houfreg sinn.

Ech freeë mech, dëse Wee zesumme mat lech weiderzegoen.

Äre Buergermeeschter
Max Pesch

Hanner Bra: méi Plaz fir d'Liewen an der Gemeng

AWEIUNG VUM NEIEN UBAU
24. BIS 26. ABRËLL 2026

„E Gebai gëtt eréischt da
wäertvoll, wann et mat Liewe
gefëllt gëtt.“



Et gëtt Haiser, déi stinn einfach do. An et gëtt Haiser, déi eng Gemeng droen. „Hanner Bra“ steet schonn zënter laangem zu Bech, mee vum 24. bis de 26. Abrëll gouf den neien Ubau ageweit, deem dem Haus eng nei Dimensioun gëtt. Wou virdrun ee Sall war, sinn der elo zwee, déi sech eenzel oder zesummen notze loossen. Derbäi koumen e Bistro mat Bar a Kichen an eng mobil Bün. Fir d'éischte Kéier huet d'Gemeng domat genuch Plaz, fir all hire Veräiner en Doheem ze ginn.

De Wee bis dohinner war net ëmmer einfach, mee dat ass Deel vun der Geschicht vun dësem Projet. Vum vir-virleschte Schäfferot lancéiert a vun den Nofolger weidergefouert, war et e Projet vun Envergure, an deem eng substantiell Zomm gefloss ass. Net jiddereen huet vun Ufank un dru gegleeft. Mee et gouf mat Suergfalt gebaut an ofgeschloss, an no dësem Weekend gëtt et wuel kee méi, deem nach drun zweiwelt, datt sech de Wee gelount huet.

Wat aus de Maueren en Doheem gemaach huet, waren déi dräi Deeg vun der Aweiung. All Veräin aus der Gemeng huet eng Hand mat ugepaakt: deem een huet gespilt, deem aneren huet gekacht, nees aner hu Sketcher gewisen, sportlech Atelierien opgestallt oder hir Wierker ausgestellt. Et gouf Concerten owes a Kaffi a Kuch nomëttes, e Patt um Comptoir a Sport am ale Sall. Vill Leit vu Bech an doriwwer eraus si laanscht komm, hunn sech zesummegezat, ënnerhalen, erëmfonnt an zesumme gefeiert. Genee dee Geescht soll Hanner Bra an d'Zukunft droen.

Wien duerch de Couloir tëscht dem Bistro an der fréierer Haaptentrée geet, deem trëfft op e Stéck Becher Geschicht. Do hänken elo véier Fotoe vun der amerikanescher Fotografin Lee Miller, eng vun deene wéinege Fraen, déi den Zweete Weltkrich an d'Befreiung als Krichsfotografin festgehalen huet. All véier Biller sinn zu Bech entstanen. Wat fir d'Welt e grouse Moment war, ass hei ganz no, ganz lokal verankert. Op der anerer Säit weist e Streetart-Wierk vum André Scholtes, am Opdrag vun de KonschtBecher, zéng Uertschaften op eng flott a stiliséiert Manéier, an doniewent huet de Konschtveräi Bell'Arte senge Wierker eng fest Plaz ginn.

„E Gebai gëtt eréischt da wäertvoll, wann et mat Liewe gefëllt gëtt“, huet de Buergermeeschter a senger Eröffnungsried gesot. No dësem Weekend ass Hanner Bra net méi just e Projet, deem ofgeschloss ass. Et ass eng Plaz, déi ufänkt, ze liewen.

24.
Abrëll



- 1 D'offiziell Aweigungszeremonie mat zwee Ministeren.
- 2 Hanner Bra vue vun Uewen.
- 3 Saxy Lounge mam Fernand Neumann.
- 4 Concert vun der Bech-Berbuerger Musek.
- 5 D'Schanzer Cabarotiker mat hire Sketcher.
- 6 Atelier mam Sport a Fräizäit.
- 7 Atelier mam Dëschttennis Bech.



- 8 Cocktailbar vun der Becher Jugend.
- 9 Barbecue vun der Landjugend Maacher.
- 10 Concert vu Spirit of the Highlands Pipes & Drums.
- 11 Sportlechen Atelier mam Aikido.



- 12 Apéro-Concert vun de Pink Notes.
- 13 Mëttesiesse vun de Micky Mais Gemeng Bech an der Becher Jugend.
- 14 Kaffi a Kuch vum Gaart an Heem.
- 15 Autosaustellung vum Motosport Club Altrier.
- 16 Fréijoersconcert vum Becher Gesank zum Ofschloss.



26. Abrëll



Am Couloir

- 17 D'Lee-Miller-Fotoen, eng Leihgab vum Emile Bohnenberger.
- 18 Den André Scholtes viru séngem Street-Art-Wierk mat den zéng Uertschaften.
- 19 Dauerausstellung vum Konschtveräi Bell'Arte.

Bech stellt sech vir



Bibi Wintersdorf

Alter

Beruff

Hobbys

63

Selbstänneg

Kachen, Reesen, DIY, Sangen, de Gaart



Gilles Kartheiser

Alter

Beruff

Hobbys

45

Geschichtsproff am LTA zu Gilsdref

Basketball, Kachen an de Gaart



Laurent Fisch

Alter

Beruff

Hobbys

58

Affekot

Lafen, Kachen a Bastelen



Nico Schmit

Alter

Beruff

Hobbys

60

Employé privé

Wanderen, Reesen

E Saz iwwer dech oder e Sproch dee bei dech passt:
„In times when you can be anything, be kind.“ Dëse Saz begleet mech zënter Joeren. An enger Welt, déi ëmmer méi brutal, méi presséiert a méi haart gëtt, ass Frëndlechkeet keng Naivitéit, mä eng Haltung an eng intelligent Form vu Stärkt.

Wat ass deng Lieblingsplaz an der Gemeng Bech?
De Bësch op der Becher Gare. Do kommen ech zur Rou. Eng Plaz, wou Beem, Villercher an d’Saisonen de Rhythmus virginn, an net den Terminkalenner.

Wéi een Thema ass dir fir d’Zukunft vun eiser Gemeng besonneg wichteg?
Kultur an Identitéit. Eng Gemeng ass méi ewéi Stroossen, Gebaier a Reglementer, si ass dat, wat d’Leit verbënnt. Ech wëll, datt Bech eng Plaz bleift, wou ee gutt liewe kann, wou Generatioune sech begéinen, wou d’Vereinsliewen otemt an d’Landschaft respektéiert gëtt. Zesummenhalt, Harmonie, eng héich Liewensqualitéit, an eng Gemeng, déi resilient genuch ass, fir den Erausforderunge vun de nächste Jore mat Rou ze begéinen.

E Saz iwwer dech oder e Sproch dee bei dech passt:
„Direkt, engagéiert an heiansdo ze ongedëlleg!“

Wat ass deng Lieblingsplaz an der Gemeng Bech?
Eist Doheem zu Heeschbreg! Do ass meng Famill an am klengen Duerf direkt beim Bësch, wunne ganz vill fein a léif Leit.

Wéi een Thema ass dir fir d’Zukunft vun eiser Gemeng besonneg wichteg?
Eis Dierfer sollen zu berouegten, naturnoe Wunnzone ginn, wou Jonk an Al, Grouss a Kleng, zesumme schéi Momenter kënnen (er)liewen .

E Saz iwwer dech oder e Sproch dee bei dech passt:
„Et ass ni ze spéit ...“

Wat ass deng Lieblingsplaz an der Gemeng Bech?
De Leckebierg (Bech) wéinst de léiwen Noperen, an de Leckebesch (Bech), well e wonnerschéin ass.

Wéi een Thema ass dir fir d’Zukunft vun eiser Gemeng besonneg wichteg?
Ech versti mech als soziale Conseiller vun der Becher Gemeng a sinn iwwerzeegt, dat e solidarescht a léift Matenee vun allergréisster Bedeitung fir eis kleng Gemeinschaft ass.

E Saz iwwer dech oder e Sproch dee bei dech passt:
„Ech hun eng positiv Astellung a probéieren dat Bescht aus all Situatioun ze maachen.“

Wat ass deng Lieblingsplaz an der Gemeng Bech?
Niewt mengem Doheem iwwerall do an der Gemeng, wou een sech matt de Leit flott ënnerhalen kann.

Wéi een Thema ass dir fir d’Zukunft vun eiser Gemeng besonneg wichteg?
Den Ëmgang matteneen.

Bech bekennt Faarw!

Eng Opfrëschung fir eise Logo

Wann ee genee kuckt: et as nach ëmmer Bech. De Logo ass méi kloer ginn, méi roueg, méi modern. Bliwwe si Blo a Gréng, déi Faarwen déi hei jiddferree kennt. Blo wéi d'Waasser, gréng wéi d'Wisén an d'Bëscher. Aus dësen zwou Faarwen ass eng ganz Palett ginn, mat engem eegenen Toun fir all eenzelt vun den zéng Dierfer. Domadder spille mir, emol méi kräfter, emol méi duuss, vu Säit zu Säit. Heiansdo dominéiert dat Blot, heiansdo dat Gréngt.

Esou entsteet e liewegt Bild wou alles zesummepasst: zéng Dierfer, eng Gemeng, schonn un de Faarwen ze erkennen. Vertraut genuch, dass ee Bech direkt erkennt. Frësch genuch fir ze mieren: hei huet sech eppes gemaach!



En neie Look fir de Becher Gemengebuet


Wien den neie Buet opschléit, mierkt et direkt: méi Loft, méi grouss Biller, méi Faarw, eng kloer Linn duerch dat ganz Heft.

Vun elo un ass de Buet ganz op Lëtzebuergesch, eng franséisch Versioun (a bei Bedarf spéider och aner Sproochversiounen) gëtt et online. Nei Rubriken, méi Reportagen, méi Plaz fir dat, wat hei lass ass. D'Veräiner, d'Mënschen, d'Liewen an den zéng Dierfer.

De Buet bleift de Buet. Mee hie schwätzt elo séng eege Sprooch.



GEMENG BECH ZÉNG DIERFER • ENG GEMENG



Nationalfeierdag Fête nationale
23.06.2026 | 10.30 | Bech

GEMENG BECH
Ouverture des guichets de l'administration communale
19 MARS
Porte Ouverte 50+ Bech
Versäimmbau Schanz

GEMENG BECH SERVICE TECHNIQUE

Matgeduecht!

En neie Logo, an awer net alles nei. Dat ass gewollt. Den neie Logo ass esou ugeluecht, dass en sech an dat afüügt wat schonn do ass. Op Autoen, Schëlde a Brëfpabeier, der App an op der Websäit gëtt lues a lues deen ale Logo duerch deen neien ersat, d'Faarwe bleiwe souwiesou bestoen. Dat spuert Käschen a Material a Bech bleift weiderhin erkennbar.

De Bummelbus



Dir Dammen an Hären,

Mir freeën eis, Iech matzedeelen, dass d’Gemeng Bech de BUMMELBUS zënter dem 1. Abrëll 2026 hire Biergerinnen a Bierger zur Verfügung stellt.

De Bummelbus ass e staatlechen an net-staatlechen, bedarfsorientéierten, kollektiven Transportservice vun Dier zu Dier, deen den ëffentlechen an de private Verkéier ergänzt.

Wien kann dëse Service notzen?

Mam Bummelbus kréien d’Awunner vun de Partnergemeengen eng flexibel a komfortabel Ergänzung zum ëffentlechen Transport. De Service ass fir kuerz Strecken geduecht a mécht e bequemen, sécheren a flexibelen Transport vun Dier zu Dier méiglech.

Wéi funktionéiert de Service?

An eisem Callcenter ginn d’Fuerwënsch vun de Clienten entgéintgeholl a jee no Kapazitéiten a Disponibilitéiten koordinéiert. D’Mataarbechter stinn dobäi a kontinuierlech Kontakt mat de Clienten an de Chaufferen.

An Zesummenaarbecht mat de Partnergemeengen bitt de Bummelbus en Transportservice op Ufro fir Erwuessener un, zum Beispill fir Akafen, Doktersitt, Aktivitéiten fir Senioren, Restaurantbesich, Coiffeur, Aarbecht asw., souwéi fir Jugendlécher a Kanner ab 4 Joer, fir bei de Sportstraining, an d’Musekschoul, an de Foyer scolaire, an d’Crèche, an d’Danzschoul, an d’Reitcoursen asw. ze kommen.

Reservéierung

Iwwer d’App Bummelbus
per E-Mail: bummelbus@fpe.lu
via Telefon ënner 26 80 35 80
vu Méindes bis Freides
vu 07:00 bis 21:00 Auer

Lued iech d’Bummelbus-App elo erof :



Bummelbus

www.bummelbus.lu
T: 26 80 35 80
bummelbus@fpe.lu
36, Z.A.E.R. Op der Héi,
L-9809 Hosingen

Lecker Burgeren, no bei iech



Menu



CeeJee
FOOD

DE FOODTRUCK VU CEEJEEFOOD MÉCHT ELO REEGELMÉISSEG HALT AN DER GEMENG BECH

Den Jason Barone vu Berbuerg huet zesumme mat sengem Schwéierpapp, dem Christophe Beaussart vun Hemstel, hir gemeinsam Iddi vun engem Foodtruck verwierklecht. Mat vill Leidenschaft a Freed u guddem Iessen hu si hire Projet op d’Bee gesat a bidden haut frësch, hausgemaachte Platen un.

Während der Woch sti si mëttes zu Jonglënster op Fréinen bei der Sportshal, wou si hir Clienten mat leckere Spezialitéiten gewinnen. Donieft maachen si och reegelméisseg Halt an der Gemeng Bech.

Ee bis zweemol de Mount steet de Foodtruck op dräi verschidde Plazen an der Gemeng: zu Bech am Haff vun der aler Schoul, zu Hemstel am Duerf a Richtung Beidweiler an op der Schanz beim neie Waassertuerm.

Um Menu stinn eng Rei lecker Burger-Variatiounen, preparéiert mat frëschen Zutaten, an natierlech d’äerfen och Fritten net feelen.

Eng flott Geleeënheet also, fir eng lokal Initiativ ze ënnerstëtzen. Gudden Appetit!

Hemstel

Parking „am Duerf“
Direction Beidweiler

29.07.2026

Op der Schanz

beim neie Waassertuerm

05.08.2026

Bech

am Haff vun der aler Schoul
niewend der Gemeng

12.08.2026

DENKT DRUN AM VIR AUS ZE BESTELLEN AN GITT ÄR IESSEN SICHEN OUNI WARDEZÄIT: +352 621 626 934



MyGuichet.lu

CONSULTÉIERT ÄR GEMENGERECHNUNGEN OP MYGUICHET.LU

Gitt Är Zoustëmmung
an Ärem perséinleche
Beräich op
MyGuichet.lu



bigi

Maacht Iech d'Liewe méi einfach AN HËLLEFT EIS PABEIER ZE SPUEREN!

D'Gemeng Bech bitt Iech d'Méiglechkeet, op d'Pabeier-Versioun vun Äre Rechnungen ze verzichten an dës elektronesch ze kréien.

Dir kënnt och e Mandat (SEPA-Lastschrift) ariichten, sou dass Äre Rechnungen automatesch bei Fällgkeet bezuelt ginn. Fir all Ufro oder weider Informatiounen, kennt Dir de Service Recette vun der Gemeng kontaktéieren:



79 01 68 - 21
recette@bech.lu

Grand-Duché de Luxembourg
Administration Communale de Bech
Siège: - Adresse postale: 1, Enneschtgaass, L-6230 BECH
Tél: 79 01 68 - Fax: 79 06 74 - Tva: LU000051232799

Demande Renonciation Facture Papier

En signant ce formulaire, vous autorisez le créancier à vous faire parvenir vos factures par voie électronique en remplacement de la facture papier.

Je soussigné(e), le débiteur

Nom / Prénom* _____
Adresse* _____
Pays résidence* _____
Contact (numéro de téléphone, e-mail) _____

donne au créancier

Nom **Administration Communale de Bech**
Identifiant **LU54ZZZ0000000009399002054**
Adresse **1, Enneschtgaass**
Pays **Luxembourg**

L'autorisation de faire encaisser mes factures sur mon compte auprès de l'institut financier désigné ci-dessous.

Compte débiteur

N° IBAN * _____
Code BIC * _____

Type de paiement **Paiement récurrent/ répétitif**

Type Mandat (CORE = client privé / B2B = client pro.) _____

Signé à _____ Le _____

Le débiteur

à me faire parvenir mes factures à l'adresse électronique renseignée ci-après.

Adresse Email _____
Tél. privé / portable _____

Signé à _____, le _____
Lieu _____ Date _____

Signature débiteur _____

En application du règlement relatif à la protection des données (GDPR) (UE2016/679), votre commune traite vos données personnelles en respect d'une obligation légale à laquelle elle est soumise.

Page 1 / 1

Grand-Duché de Luxembourg
Administration Communale de Bech
Siège: - Adresse postale: 1, Enneschtgaass, L-6230 BECH
Tél: 79 01 68 - Fax: 79 06 74 - Tva: LU000051232799

Mandat de domiciliation SEPA - N°

En signant ce formulaire de mandat, vous autorisez (A) le créancier à envoyer des instructions à votre banque pour débiter votre compte, et (B) votre banque à débiter votre compte conformément aux instructions du créancier.
Note: Vos droits concernant le mandat ci-dessus sont expliqués dans un document que vous pouvez obtenir auprès de votre banque. Vous bénéficiez d'un droit à remboursement par votre banque selon les conditions décrites dans la convention que vous avez passée avec elle. Toute demande de remboursement doit être présentée dans les 8 semaines suivant la date de débit de votre compte.

Je soussigné(e), le débiteur

Nom / Prénom* _____
Adresse* _____
Pays résidence* _____
Contact (numéro de téléphone, e-mail) _____

donne au créancier

Nom **Administration Communale de Bech**
Identifiant **LU54ZZZ0000000009399002054**
Adresse **1, Enneschtgaass**
Pays **Luxembourg**

L'autorisation de faire encaisser mes factures sur mon compte auprès de l'institut financier désigné ci-dessous.

Compte débiteur

N° IBAN * _____
Code BIC * _____

Type de paiement **Paiement récurrent/ répétitif**

Type Mandat (CORE = client privé / B2B = client pro.) _____

Signé à _____ Le _____

Le débiteur

* Ces informations doivent être fournies pour permettre le traitement de votre demande de domiciliation

En application du règlement relatif à la protection des données (GDPR) (UE2016/679), votre commune traite vos données personnelles en respect d'une obligation légale à laquelle elle est soumise.

Page 1 / 1

Kraider – Kleng Planzen, grouss Wierkung



Vivian Craig

D’Vivian Craig, gebierteg aus Schottland an haut lëtzebuergesch Biergerin, lieft zanter méi wéi véierzeg Joer am Grand-Duché an zanter 1989 zu Bech. Ier si sech hei néiergelooss huet, huet si an Neiséiland, a Frankräich, an Däitschland, an Holland, an Irland an op der Isle of Man gelieft a geschafft.

No hirem Ofschloss a Sproochen huet si fir d’éischt enseignéiert an duerno iwwersat, éier si nach eng Kéier wëssenschaftlech Studie gemaach huet. Op der Universitét East London huet si mat Auszeechnung hiren Diplom an der Phytotherapie gemaach. Zënterhier deelt si hir Passioun fir Planzen duerch guidéiert Visitten a Virträg op Englesch, Franséisch oder Däitsch.

Medical Herbalist / phytothérapeute
diplômée BA, BSc (Hons), MNIMH.



D’Vivian proposéiert och gratis Entdeckungsspadséiergäng iwwer Heelplanzen um Plateau de Kirchberg. Datumer a Sprooche kënnen no Choix consultéiert ginn op:
fondskirchberg.public.lu/fr/actualites/plantesmedicinales2026.html



Eng Apdikt direkt virun der Dier

ENG CHRONIK IWWER LOKAL A SESONAL PLANZE VUM VIVIAN CRAIG

An der Gemeng Bech fënnt ee vill schéi Wisen a Felder, déi eng grouss Villfalt u Planzen a Kraider bidden. Beim Spadséiere kann een ëmmer erëm nei Aarten entdecken an d’Natur ganz no erliewen. Vill vun dëse Kraider sinn net nëmme schéin unzeken, mee ginn och zënter laanger Zäit an der Kichen oder als Heelplanze benotzt.

Am Gemengebuet wäert d’Vivian elo eng Chronik iwwer d’Planzen schreiwen, déi ronderëm eis wuessen. Thymian(1.), Rosmarin(2.), Lavendel(3.), mee och Pissblumm(4.), Brennes-sel(5.), Wäissdorn (6.)oder Schachtelhalm(7.): all dat si kleng diskret Hëllefer fir d’Verdauung, de Schlof, kleng Blessuren oder einfach fir d’Natur direkt virun eiser Dier besser ze verstoen. Dat Gantz natierlech ouni den Dokter ze ersetzen, mee mat dem Wonsch, dem ale Wëssen erëm säi richtege Stellewäert ze ginn.



D’KREIDER-CHRONIK VUM VIVIAN CRAIG

Loost eis iwwer Planzen direkt bei eis doheem schwätzen: Goûten a Faarwen an äre Summertelleren

Pensée

Viola tricolor hort.

(LU) Pensée (DE) Garten-Stiefmütterchen
(FR) la pensée (EN) pansy

Viola tricolor arvensis

(LU) wëll Pensée (DE) Ackerstiefmütterchen;
(FR) la pensée sauvage (EN) wild pansy, heartsease



All Pensée sinn iessbar a bréngen Faarf a Freed an är Summerplaten a Gedréngs. Besonnesch d’wëll Pensée gétt och mat Wuelbefannen a Verbindung bruecht. Traditionell gouf si als „Zutat“ bei Behandlungen géint Bronchiten, Harnweeproblemer oder fir gereizt Haut ze berouegen an ze entlaaschten benotzt. De Pahlow schreift, datt d’Pensée och wierksam wier géint „Mëllechkrusten“ bei Puppelcher oder géint Ekzemer bei klenger Kanner. Hie recommandéiert eng Infusioun aus Bléien a Blieder ze preparéieren an dës amplaz vu Waasser fir eng Fläsch ze benotzen. D’Infusioun kann een och benotze fir déi betraffe Plaz sanft ze wäschen.

Fir de Genoss vun de Groussen kann een d’Bléien an Zaloten, Eeërplaten oder ganz einfach an d’Sandwichen dobäisetzen. A firwat net och op Summergedréngs schwamme loossen?

An der viktorianescher Zäit gouf d’wëll Pensée als Zeeche vu ländlecher Zefriddenheet ugesinn.



Kraiderhunneg

Zutaten

- Ee Glas Hunneg no eegenem Goût
- Ee gutt gefüllte Löffel Kraider oder Planzen no Wiel, grof zerdréckt oder geschnidden

Virbereedung

- Den Hunneg an eng Zaloteschossel oder eng mëttelgrouss Schossel ginn – Inhalt ca. 1 l
- D’Schossel an e Behälter mat waarmem Waasser am Bain-Marie stellen
- Déi zerdréckten oder geschnidde Kraider an den Hunneg ginn
- Den Hunneg bei waarmer Temperatur schmélzen, awer oppassen dass en net kacht
- D’Mëschung an eng Kasseroll op ganz klenger Flam fir 1–2 Stonne waarm halen, fir dass d’Wierkstoff vum Kraider an den Hunneg iwwerginn
- Vum Feier huelen an d’Mëschung zeréck an d’Schossel schëdden an dobäi duerch e Sei passéieren
- De Kraiderhunneg ofkille loossen an um Brout iessen oder benotze fir Téi oder eng Taass Mëllech ze séissen

Virschléi fir d’Benotzung vu verschiddene Kraider

- Lavendel fir seng berouegend Wierkung
- Salbei géint Halswéi
- Thymian géint Erkältung an Houscht
- Rosmarin géint Kappwéi, Angschtzoustänn, fir d’Konzentratioun an d’Gediechtnes ze fërderen, a géint Depressioun
- Frësch Ingwer (gerappt) fërdert d’Verdauung, berouegt Iwwelzegheet a stimuliert d’Bluttsirkulatioun an den Hänn a Féiss
- Kanéil (zerbréckelt Stécker Kanéilschuel) fërdert d’Verdauung, berouegt Koliken an Iwwelzegheet a wierkt op de Bluttzockerspigel

Lokalen Hunneg kafen
Acheter du miel local
www.apis.lu





Eis Gemeng huet vill flott Plaze, wou een d’Natur genéissee kann. Hei de Becher Weier, mat enger Skulptur vum Konschtbecher.

Sëtzung vum Gemengerot vum 12. Februar 2026



Audio

Present:
Buergermeeschter: Max Pesch
Schäffen: Norbert Classen a Bibi Wintersdorf
Gemengerotsmemberen: Emile Bohnenberger, Laurent Fisch, Gilles Kartheiser, Nico Schmit
Sekretär: Alain Kring
Entschëllegt: Nathalie Wohlfart

- 1. Budget rectificié 2025 a Budget 2026**
Detailer zum Budget fann dir op de Säite 26 vun dësem Buet.

2. Schafung vun engem administrative Posten am techneschen Déngscht
Eestëmmeg huet de Gemengerot decidéiert e Posten fir een zousätzlechen administrative Mataarbechter beim techneschen Déngscht ze schafen.

3. Genehmigung vun der Konventioun mat der Gemeng Jonglënster fir d’Bereetstelle vun engem Lokal fir de „Club Aktiv Plus An der Loupescht“
D’Konventioun fir d’Bereetstelle vun de Raimlechkeeten am Gebai FAGUS zu Jonglënster gouf mat alle Stëmmen ugeholl. Finanziell Bedeelegung vun der Gemeng Bech um Loyer: 479,72 € pro Mount

4. Geneemegung vun engem notariellen Akt
Een Nottärsakt fir de Kaf vun engem Bësch zu Rippig, „Auf der Neuntgenteil“ ass eestëmmeg ugeholl ginn. Gréisst : 29,60 Ar, Präis: 7.400 €

5. Erdeelen vun enger Kolumbariumkonzessioun op dem Kierfecht zu Altréier
D’Konzessioun gouf eestëmmeg bewëllegt fir Dauer vun 30 Joer

6. Geneemegung vun Andeelungspläng
Zwee Andeelungspläng si genehmigt ginn : Terrain Nummer 260/3654, zu Bech, Enneschtgaass an 2 Baulousen
Terrain Nummer 149/3661, zu Bech, Kulegruecht an 2 Lousen

7. Subventiounen a Veräinssubsidien
Fir 3 aktiv Jugendspiller accordéiert de Gemengerot dem Veräin BBC Arantia Larochette e Subsid an Héicht vun 300 €

8.-15. Bestëmmung vun neie Vertrieder a verschidde Gremien
Mat jeweils 6 Stëmmen si folgend Vertrieder gewielt ginn:
SYNECOSPORT: Emile Bohnenberger a Gilles Kartheiser
Office social régional Befort: Laurent Fisch
Natur- a Geopark Möllerdall: Max Pesch
Recyclingcenter Junglinster: Gilles Kartheiser
Office régional de tourisme Mullerthal-ORT: Bibi Wintersdorf
LEADER Regioun Möllerdall: Bibi Wintersdorf
Regionale Musikschule Echternach: Max Pesch
Gläichstellungsbeoptragt: Bibi Wintersdorf

Sëtzung vum Gemengerot vum 11. Mäerz 2026



Audio

Present:
Buergermeeschter : Max Pesch
Schäffen : Norbert Classen a Bibi Wintersdorf
Gemengerotsmemberen: Emile Bohnenberger, Laurent Fisch, Gilles Kartheiser, Nico Schmit
Sekretär: Alain Kring
Entschëllegt : //

- An net ëffentlecher Sëtzung:**

1. Pensiousunfro vum Gemengereceveur
Eestëmmeg huet de Gemengerot dem Gemengereceveur Nico Delhez seng Ufro ugeholl fir ab dem 1. September 2026 seng Pensioususprëch geltend ze maachen.

An ëffentlecher Sëtzung :

2. Ënnerschrëft vun de Beschlëss aus der leschter Sëtzung

3. Klimapakt – Aktivitéitsrapport an Indikatoren, presentéiert vum Klimaberoder Rainer Telaar
Déi vum Klimaberoder virgestallten Dokumenter sinn vun alle Gemengerotsmemberen zur Kenntnis geholl a genehmigt ginn.

4. Entscheedung iwwer d’Ëmwandlung vum administrative Posten am techneschen Déngscht an een administrative Posten am Gehaltsgrad B1.
Eestëmmeg huet de Gemengerot entscheet den Expeditionärs-posten am techneschen Déngscht, deen an der leschter Sëtzung geschaaft ginn ass, an e Redakterposten an der Verwaltung emzewandeln.

5. Geneemegung vun engem zousätzlechen Devis fir de Bau vun enger Schallschutzwand beim Kulturzentrum Hanner Bra zu Bech
Den entsprechenden Devis opgestallt vum Studiebüro Daedalus Engineering iwwert e Betrag vun 255.996,00 € inklusiv TVA, ass vun alle Gemengerotsmemberen akzeptéiert ginn.

6. Prinzipiell Entscheedung iwwer d’Participatioun un dem Projet fir d’Erweiterung vum Recyclingzenter Jonglënster
Eestëmmeg huet de Gemengerot decidéiert un dësem Projet mat deelzehuelen. Viraussichtlech finanziell Bedeelegung: 465.026,01 €

7. Entscheedung iwwer d’Afëierung vun enger Interrail-Subventioun fir 18-Järeg
Ab dem Joer 2026, kréien déi Jugendlech déi dat Joer virdrun hiren 18. Gebuertsdag haten, e Subsid vu maximal 300 € fir een Interrailticket.

8. Entscheedung fir dem Netzwierk „Mayors for Peace“ bäizetrieden.
Mat 6 Stëmmen an enger Géigestëmm huet de Gemengerot decidéiert dem Netzwierk „Mayors for Peace“ bäizetrieden. Eestëmmeg ass entscheet ginn d’Kommissioun vum Zesummen-liewen an hire Beméiungen Fir d’Fërderung vum Fridden an dem Dialog ze ënnerstëtzen.

9. Entscheedung iwwer de Bäitrett zur „Charta Gemengen 2030“
Eestëmmeg ass decidéiert der Charta Gemengen 2030 bäizetrieden.

10. Rapporte vun de Vertrieder aus de verschiddene Gremien

11. Froen vun de Gemengerotsmemberen an de Bierger

Sëtzung vum Gemengerot vum 15. Abrëll 2026



Audio

Present:

Buergermeeschter: Max Pesch
Schäffen: Norbert Classen a Bibi Wintersdorf
Gemengerotsmemberen: Emile Bohnenberger, Laurent Fisch, Gilles Kartheiser, Nico Schmit,
Sekretär: Alain Kring
Entschëllegt: //

An ëffentlecher Sëtzung:

1. Ënnerschrëft vun de Beschlëss aus der leschter Sëtzung

2. Geneemegung vun engem neie Benotzungs-an Taxereglement fir d’Gemengesäll

Nieft ugepasste Benotzungsregelen fir d’Gemengesäll, déi och an enger nächster Editioun vum Gemengebuet publizéiert ginn, huet de Gemengerot eestëmmeg follgend Tariffer fir d’Benotze vun de Säll festgeluecht:

Veräinsbau Hemstel,

Veräinsbau Altréier an Gemengesall Bech:

Privatleit : 100,00 €

Auswärteteg Vereenegungen oder Organisatiounen: 150,00 €

Kulturzenter Hanner Bra – Ale Sall:

Privatleit, auswärteteg Vereenegungen oder Organisatiounen : 400,00 €

Garantie: 500,00 €

Kulturzenter Hanner Bra – Neie Sall:

Privatleit, auswärteteg Vereenegungen oder Organisatiounen : 800,00 €

Garantie: 500,00 €

Kulturzenter Hanner Bra – Bistrot :

Privatleit, auswärteteg Vereenegungen oder Organisatiounen : 250,00 €

Kulturzenter Hanner Bra – Komplett :

Privatleit, auswärteteg Vereenegungen oder Organisatiounen : 1.000,00 €

Garantie: 500,00 €

3. Geneemegung vun engem zousätzlechen Devis fir d’Heizungs- a Sanitärnanlag am Kulturzentrum Hanner Bra zu Bech

Een Devis vun der Entreprise TeamSchramm fir zousätzlech Aarbechten am Heizungs- a Sanitärberäich iwwert de Betrag vu 96.260,73 € ass eestëmmeg ugeholl ginn.

4. Geneemegung vun enger Konventioun mat dem „Energiepark Möllerdall“ fir d’Installatioun vu Photovoltaïkpaneauen um Dag vun der Hal vum technesche Service zu Hemstel

Déi entspriechend Konventioun ass vun alle Gemengerotsmemberen ugeholl ginn.

5. Unhuele vum ugepasste Kommunikatiounskonzept vum Naturpakt

No den Erklärunge vum Conseiller Gilles Kartheiser zu den Ännerunge par Rapport zu dem Konzept wat d’lescht Joer schonn ausgeschafft gi war, huet de Gemengerot dëst Dokument eestëmmeg ugeholl.

6. Unhuele vun der Charta „Lëtzebuerg leeft Sport“

D’Charta gouf vun alle Gemengerotsmembere guttgeheescht. D’Unhuele vun der Charta ass eng Konditioun fir de Fall wou eng Kéier ee gemeinschaftleche Sportkoordinator zesumme mat anere Gemenge soll agestellt ginn.

7. Bäitrëtt zur Vereenegung „EmweltberodungLëtzebuerg a.s.b.l.“

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert dëser Vereenegung bäizetrieden, déi de Gemengen Ënnerstëtzung bei der Kommunikatioun a punkto Naturschutz ubitt. D’Cotisatioun beleeft sech pro Joer op ronn 900 €.

8. Subsidien

Bech-Berbuenger Musek: 4.082,03 € fir Intrumenten- an Uniformenausgaben aus dem Joer 2025

Becher Gesank asbl: 2.451,00 € fir Dirigentekäschten aus dem Joer 2025

An net ëffentlecher Sëtzung :

1. Provisoersch Ernennung vun engem Beamten op de Poste vum Gemengereceveur

Eestëmmeg ass d’Madamm Julie Cannivy mat Wierkung op den 1. September 2026 op de Poste vum Gemengereceveur ernannt ginn.

Sëtzung vum Gemengerot vum 6. Mee 2026



Audio

Present:

Buergermeeschter: Max Pesch
Schäffen: Norbert Classen a Bibi Wintersdorf
Gemengerotsmemberen: Laurent Fisch, Gilles Kartheiser, Nico Schmit
Sekretär: Alain Kring
Entschëllegt: //

Ugangs der Sëtzung huet de Buergermeeschter Max Pesch de Gemengerot an Zuschauer iwwert Demissioun vum Gemengerotsmember Emile Bohnenberger informéiert. Well Zousazwale fir déi zwee vakant Posten schon terminéiert sinn, fannen déi Wale wéi geplangt statt. Duerno ass et dann um Gemengerot ze decidéieren op fir déi fräi Plaz vum Emile Bohnenberger och Zousazwale solle stattfannen.

An ëffentlecher Sëtzung :

1. Ënnerschrëft vun de Beschlëss aus der leschter Sëtzung

2. Virstellung a Berodung iwwert de neie Gemengelogo

Den neie Logo an de Layout vum Gemengebuet gouf dem Gemengerot vum Här Silvano Vidale vum Grafikbüro VidaleGloesener virgestallt an erklärt. Allgemeng ass déi nei grafesch Linn gutt vun de Gemengerotsmemberen opgeholl ginn, an de Grafikbüro krut den Optrag sech ëm déi definitiv Ëmsetzung ze këmmere.

3. Upassung vum Subventiounsreglement fir energetisch Spuermosnamen

Eestëmmeg huet de Gemengerot beschloss dat besteeënd Subventiounsreglement fir Energiespuermesuren aus dem Joer 2019 un déi aktuell technesch a präislech Gegebenheeten unzepassen.

4. Geneemegung vun Notärsakten

Zwee Nottärsakte mat de Famille Frank a Schroeder fir de Kaf vum Terrain’ën teschend Bech a Berbuerg am Kader vum Projet fir d’Verlee vum Kollektar an de Bau vun enger Kläranlag goufen eestëmmeg ugeholl.
Katasternummere 366/1912 an 366/1914, „Jofferwiss“, Gesamtgréisst : 132,80 Ar, Präis: 66.400 €
Katasternummere 366/1911 an 366/1913, „Jofferwiss“, Gesamtgréisst : 48,10 Ar, Präis: 24.050 €

5. Unhuele vun enger ugepasste Konventioun mat der regionaler Musekschoul Iechternach

D’Membersgemengen aus der regionaler Musekschoul ware sech eeneg, dass an Zukunft och déi administrativ Käschten, déi bis elo aleng vun der Gemeng Iechternach gedroe gi sinn, op alleguerten d’Gemengen, déi Schüler an der Musekschoul hunn, ëmgeluecht ginn.
Déi entspriechend Konventioun ass vun alle Gemengerotsmemberen ugeholl ginn

6. Unhuele vun engem Mietvertrag fir d’Bereetstello vu Fotoe fir de Kulturzentrum Hanner Bra zu Bech

Den Här Emile Bohnenberger stellt der Gemeng gratis 4 historesch Fotoen aus der Kollektioun vun der Artistin Lee Miller zur Verfügung fir dës am Kulturzentrum Hanner Bra zu Bech auszustellen. De Gemengerot huet den entspriechende Mietkontrakt eestëmmeg approvéeiert.

7. Restantenetat 2025

Fir d’Joer 2025 bleift dem Gemengereceveur Nico Delhez keng Schold méi anzedreiwen an d’Rechnungen sin alleguerte bezuelt. Eenzeg aus dem Joer 2023 bleift nach eng Schold an Héicht vu 667,24 € anzedreiw wou d’Poursuite och leeft.

8. Rapporte vun de Verrieder aus de verschiddene Gremien

9. Froe vun de Gemengerotsmemberen an de Bierger

Budget 2026

Saldo vum Gemengeprêt den 01.01.2026: 2.038.464,24 €
De Budget vun der Gemeng ëmfaasst:

- I. Ordinär Recetten
- II. Extraordinär Recetten
- III. Ordinär Depensen
- IV. Extraordinär Depensen

I. Gewöhnliche Einnahmen

1. Allgemeine Verwaltung	
Kanzleigebühen (Bearbeitungsgebühren für Baugenehmigungen und Lotissementspläne)	3 000,00 €
Rückerstattung von Publikationskosten im Rahmen von Lotissementsplänen	2 000,00 €
Rückerstattung der Mehrwertsteuer	2 500,00 €
Rückerstattungen der Krankenkasse	5 000,00 €
Grundsteuer	58 000,00 €
Gewerbesteuer	96 106,59 €
Finanzielle Zuweisung des Staates	6 716 139,18 €
Hundesteuer	8 500,00 €
Bankzinsen	25 000,00 €
Verschiedene Einnahmen und Rückerstattungen	6 030,00 €
	6 922 275,77 €

2. Soziale Sicherheit	
Finanzielle Beteiligung der Bezieher des Essens auf Rädern	35 000,00 €
	35 000,00 €

3. Forstwirtschaft, Tourismus und Jugend	
Holzverkauf	135 500,00 €
Jagdpacht	6 000,00 €
Beteiligung der konventionierten Gemeinden am Unterhalt des Forstraktors	30 000,00 €
Mietungsgebühr des Staates für den Einsatz des interkommunalen Forstraktors	9 000,00 €
Zweitwohnsitzgebühr	1 200,00 €
Transport: Night Rider - Beteiligung der Benutzer	500,00 €
Late-Night Bus - Finanzielle Beteiligung des Staates	6 650,00 €
	188 850,00 €

4. Umweltschutz	
Verkauf von Abfallsäcken	250,00 €
Müllentsorgungsgebühren	250 000,00 €
Finanzielle Beteiligung von VALORLUX an der Papier- und Glassammlung	2 000,00 €
Abwasserklärgebühren	191 000,00 €
Klimapakt - Finanzielle Zuweisung des Staates	48 000,00 €
Bongerteprojet - Finanzielle Beteiligung des Staates	16 000,00 €
Bongerteprojet - Finanzielle Beteiligung der Antragsteller	2 200,00 €
Naturpakt - Finanzielle Zuweisung des Staates und Beteiligung an den Kosten des Naturpaktberaters	88 310,00 €
	597 760,00 €

5. Gebäude und öffentliche Infrastrukturen	
Pachteinnahmen	1 019,20 €
Mieteinnahmen	68 500,00 €
Bestattungs- und Friedhofsgebühren	4 700,00 €
Trinkwassergebühren	281 500,00 €
Rückerstattung von Reparaturkosten und Stromkosten der Trinkwasserinstallationen	2 600,00 €
Quellenschutzzoneprogramm des Naturparks - Rückerstattung von Kosten	22 000,00 €
Beteiligung des Staates an den Beleuchtungskosten der Staatsstraßen	20 000,00 €
Beteiligung des Mieters des Restaurant „Becher Gare“ an den Heizkosten des Gebäudes	6 500,00 €
Mietgebühren für die Pfarrkirchen	4 500,00 €
Rückerstattung eines Teiles der Heizkosten der vermieteten Pfarrkirchen	2 000,00 €
	413 319,20 €

6. Kultur- und Freizeit	
Mietgebühren des Kulturzentrums und der Gemeindesäle	2 000,00 €
Gebühren für freie Nächte	1 500,00 €
	3 500,00 €

Total der gewöhnlichen Einnahmen	8 160 704,97 €
----------------------------------	----------------

II. Außergewöhnliche Einnahmen

Anleihe zum Ausgleich des Haushaltsplanes	3 300 000,00 €
Anschlusstaxen an die Kanalisation	5 400,00 €
Finanzielle Beteiligung des Staates an der Installation einer digitalen Touristenanzeige	5 000,00 €
Finanzielle Beteiligung der Grundstücksbesitzer an den geplanten Infrastrukturarbeiten in Altrier, Kreizenheicht	145 795,00 €
Finanzielle Beteiligung des Staates an der Instandsetzung eines Wasserlaufes im Bourlach in Hersberg	87 200,00 €
Finanzielle Zuwendung des Staates für den Ankauf von Grundstücken im Naturschutzgebiet	18 750,00 €
Rückerstattung der Gemeinde Junglinster an den Planungs- und Baukosten einer neuen Wasserleitung zwischen Graulinster und Blumenthal	50 000,00 €
Anschlusstaxen an die Wasserleitung	9 000,00 €
Finanzielle Zuwendung im Rahmen des pacte logement	65 000,00 €
Infrastrukturtaxen	75 000,00 €
Bau des neuen Multifunktionssaales Hanner Bra - Finanzielle Zuwendungen des Staates	588 268,00 €
Erneuerung des Daches und des Kreuzes der Kirche Altrier - Finanzielle Unterstützung des Kulturministeriums	24 070,00 €

Total der außergewöhnlichen Einnahmen	4 373 483,00 €
---------------------------------------	----------------

III. Gewöhnliche Ausgaben

1. Allgemeine Verwaltung

Entschädigung der Mitglieder des Schöffengerates	26 000,00 €
Entschädigung der Gemeinderatsmitglieder	7 500,00 €
Ausgaben für Beteiligungen der politischen Vertreter an Fortbildungen und Seminaren	5 000,00 €
Finanzielle Mittel für Aktivitäten der Gemeindekommissionen	15 000,00 €
Beitrag zum interkommunalen Syndikat SYVICOL	4 011,00 €
Ausgaben für kleinere Empfänge, Feiern, Geschenke	10 500,00 €
Ausgaben für die Organisation und das Abhalten der Zusatzwahlen	4 500,00 €
Büromaterial und sonstige Büroausgaben	13 000,00 €
Anschaffung von EDV Material, Büromaterial und Möbel	9 500,00 €
Unterhalt und Wartung von EDV Material und Software	22 500,00 €
Lizenzgebühren für Informatikprogramme und digitale Plattformen	68 782,00 €
Beratung im Rahmen des Datenschutzes	10 000,00 €
Internetseite und Schaffung einer mobilen Kommunikationsplattform	6 500,00 €
Experten- und Rechtsanwaltskosten	15 000,00 €
Allgemeine Haftpflichtversicherung	6 500,00 €
Telefon- und Kommunikationsgebühren	25 500,00 €
Gehälter und Entschädigungen der Gemeindebeamten	574 750,00 €
Einschreibungsgebühren an Fortbildungskursen von Verwaltung und technischem Dienst	15 000,00 €
Beitrag zum interkommunalen Syndikat SIGI	72 619,54 €
Einzahlung in den Fonds pour dépenses communales	147 000,00 €
Katasterkosten, Eintragungs- und Hypothekengebühren	500,00 €
Grundsteuer	1 850,00 €
Publikationskosten - Gemeindebuet, Abfallkalender, Zeitungsannoncen, Entschädigungen an Fotografen	54 500,00 €
Zinsen und Bearbeitungsgebühren auf Kontokorrenten und Festgeldkonten	2 200,00 €
Kreditrückzahlungen	280 000,00 €
Mehrwertsteuerrückzahlungen	19 000,00 €
Beitrag zum Fonds pour l'emploi	14 000,00 €
	1 431 212,54 €

2. Technischer Dienst

Gehälter und Entschädigungen der Gemeindebeamten	277 000,00 €
Gehälter und Entschädigungen der Gemeindearbeiter	453 500,00 €
Gehälter für Studentenjobs	12 120,00 €
Anschaffung von Handwerksmaterial	12 500,00 €
Berufs- und Sicherungskleidung für den technischen Dienst	5 000,00 €
Unterhalts- und Reparaturkosten des Fuhrparks und der technischen Geräte	22 000,00 €
Treibstoff für Gemeindefahrzeuge	10 000,00 €
Versicherungsgebühren des Fuhrparks	14 000,00 €
Geometergebühren - Vermessungskosten von Grundstücken	10 000,00 €
	816 120,00 €

3. CGDIS, Soziale Sicherheit und Jugend

Obligatorische finanzielle Beteiligung am nationalen Rettungsdienst	26 816,44 €
Essen auf Rädern	31 500,00 €
Beteiligung an der Miete der Räumlichkeiten für den Club Aktiv Plus	6 000,00 €
Beteiligung am Club Senior in Junglinster	8 531,17 €
Finanzielle Unterstützung der Vereinigung 50+ BECH	6 000,00 €
Finanzielle Unterstützung für die Installation des „Téléalarme“	450,00 €
Beteiligung am regionalen Sozialamt in Befort	66 909,26 €
Beteiligung am Mouvement d'égalité des chances und anderen Initiativen	4 600,00 €
Einführung eines Interrailgutscheins zum 18. Geburtstag	7 500,00 €
Night Rider, Night Life Bus und Late Night Bus	30 000,00 €
Teuerungs- und Heizkostenzulage	15 000,00 €

Subventionen an Hilfsorganisationen	3 000,00 €
	206 306,87 €

4. Forstwirtschaft, Tourismus, Transport und Ökonomie

Unterhaltsarbeiten im Wald	45 500,00 €
Beteiligung an den Gehältern des Revierförsters und der Forstarbeiter	130 000,00 €
Unterhalt und Versicherungsschutz des Forstraktors	60 000,00 €
Unterhalt der Fahrradpiste, der Spazierwege und anderer öffentlicher Plätze seitens CIGR Kanton Grevenmacher	60 025,52 €
Beteiligung am Office régional de Tourisme	6 850,00 €
Beteiligung am Naturpark- und Geopark Mullerthal	40 110,00 €
Beteiligung an der regionalen Industriezone in Echternach	10 312,50 €
Einführung eines „Ruffbus“ Dienstes	52 000,00 €
	404 798,02 €

5. Umweltschutz

Ankauf von Mülltonnen und Miete von Containern	20 000,00 €
Müllabfuhr, Glas, Papier, Biomüll und Valorlux Sammlungen	237 500,00 €
Müllabfuhrgebühren von gemeindeeigenen Behältern	25 000,00 €
Beteiligung am interkommunalen Recyclingcenter in Junglinster	102 823,92 €
Kanalnutzungsgebühren in Gemeindegebäuden	2 200,00 €
Unterhaltskosten des Kanalisationsnetzes	7 900,00 €
Beteiligung an den interkommunalen Abwassersyndikaten SIEEST und SIDERO	255 214,46 €
Bongerteprojet - Programm für die Anpflanzung von Hochstammobstbäumen	22 500,00 €
Naturpakt - Kosten des Naturpaktberaters	30 000,00 €
Prämien für die Realisierung von Energiesparmaßnahmen	50 000,00 €
	753 138,38 €

6. Gebäude und öffentliche Infrastrukturen

Unterhaltskosten der öffentlichen Plätze	45 000,00 €
Regelmässige Konformitätskontrollen der öffentlichen Spielplätze	3 500,00 €
Unterhaltsarbeiten an den Spielplätzen	15 000,00 €
Unterhalt des kommunalen Wegenetzes	78 500,00 €
Straßenbeschilderung	13 000,00 €
Unterhalt der Friedhöfe	6 000,00 €
Beteiligung am interkommunalen Syndikat SICEC	159,60 €
Unterhalt der Trinkwasserinstallationen	38 500,00 €
Trinkwasserverbrauch in Gemeindegebäuden	3 500,00 €
Zu entrichtende Trinkwassergebühr an die Gemeinde Junglinster	7 000,00 €
Stromkosten der technischen Installationen des Trinkwassernetzes	30 000,00 €
Rückführung der Trinkwassergebühr an den Staat	11 500,00 €
Beteiligung am Programm des Naturparks im Rahmen des Quellenschutzes	32 000,00 €
Kosten von Trinkwasseranalysen	500,00 €
Beteiligung an der Flusspartnerschaft Syr	2 852,80 €
Kosten der öffentlichen Beleuchtung	56 000,00 €
Heizkosten der Gemeindegebäude (Heizöl und Pellets)	53 500,00 €
Stromkosten von verschiedenen Gemeindegebäuden	26 000,00 €
Unterhalts- und Reinigungskosten von Gemeindegebäuden	82 500,00 €
Feuerversicherungen	40 000,00 €
Bauprämien und Prämien für die Fassadenrenovierung	6 300,00 €
	551 312,40 €

7. Kirchen und Kapellen

Unterhalt der Kirchen und Kapellen	6 500,00 €
Heizkosten der Kirchen und Kapellen	10 000,00 €
Stromkosten der Kirchen und Kapellen	7 500,00 €
	24 000,00 €

8. Kultur, Freizeit und Kirchenwesen

Finanzielle Unterstützung von lokalen und nationalen Vereinigungen	20 000,00 €
Organisation des GP Ost-Manufaktur - Finanzielle Unterstützung	2 500,00 €
Finanzielle Unterstützung der lokalen Sportvereine	12 500,00 €
Unterhalt des Kulturzentrums Hanner Bra und der Vereinssäle	13 000,00 €
Heizkosten des Kulturzentrums und der Vereinssäle	10 000,00 €
Stromkosten des Kulturzentrums und der Vereinssäle	10 000,00 €
Finanzielle Beteiligung an den regionalen Musikschulen Echternach und Grevenmacher	85 000,00 €
Ausgaben für öffentliche Feste	45 000,00 €
Anschaffung von Kunstobjekten	1 500,00 €
Ausschankkonzessionen	73,50 €
Finanzielle Unterstützung von kulturellen Vereinigungen	20 000,00 €
	219 573,50 €

9. Unterrichtswesen

Minerval für die Einschulung von gemeindeansässigen Kindern in anderen Gemeinden	8 500,00 €
Beteiligung an den Funktionskosten des Syndikats SYNECOSPORT	1 053 489,30 €
Schulsparraktion für das 1. Primärschuljahr	500,00 €
Gehälter der Schulbusbegleiter	58 000,00 €
Subventionen an erfolgreiche Schüler	12 000,00 €
	1 132 489,30 €

Total der gewöhnlichen Ausgaben	5 538 951,01 €
---------------------------------	----------------

IV. Außergewöhnliche Ausgaben

Digitalisierung der Gemeindearchive	25 000,00 €
Installation einer elektronischen Arbeitszeiterfassung	2 500,00 €
Ersetzen und Modernisierung der Informatikausrüstung in der Verwaltung	2 500,00 €
Ankauf von Büromaterial und -maschinen für die Verwaltung	2 500,00 €
Honorargebühren für eventuelle Anpassungen des allgemeinen Bebauungsplanes der Gemeinde	25 000,00 €
Verschiedene Studienkosten	15 000,00 €
Anschaffung von Arbeitsgeräten für den technischen Dienst	20 000,00 €
Biergerbudget	30 000,00 €
Updates und Erweiterungen des Geographischen Informationssystems (GIS)	20 000,00 €
CIGR - Finanzielle Beteiligung am Dienst für ältere oder hilfsbedürftige Bürger	14 412,49 €
Einführen eines Paktes für den sozialen Zusammenhalt	5 000,00 €
Bau und Unterhalt von Forstwegen	5 000,00 €
Installation einer öffentlichen Toilette mit Gehwegen in Altrier	130 000,00 €
Instandsetzungsarbeiten an der Mountainbikepiste und dem Kannerwanderwee	10 000,00 €
Einrichtung einer Kugelbahn und Renovierung der Waldkegelbahn	10 000,00 €
Installation einer digitalen touristischen Informationstafel auf der Becher Gare	20 000,00 €
Installation von digitalen Informationstafeln	15 000,00 €
Einführen eines Paktes zur ökonomischen Transition	5 000,00 €
Installation von Grünschnittcontainern	15 000,00 €
Rückzahlung der Bau- und Einrichtungskosten des regionalen Recyclingzentrums in Junglinster an die Gemeinde Junglinster	15 000,00 €
Beteiligung am Erweiterungsprojekt des Recyclingzentrums Junglinster	25 000,00 €
Beteiligung an den Infrastruktur- und Unterhaltskosten der Mülldeponie des SIGRE	11 032,00 €
Beteiligung an den Investitionskosten des interkommunalen Syndikats SIAEE an der Industriezone in Echternach	10 625,00 €

Verlegen eines Regenwasserkanals in Bech, Becher Millen	35 000,00 €
Verlegen eines Regenwasserkanals und Infrastrukturarbeiten zum Erschließen von Bauland in Altrier, Kreizenheicht	500 000,00 €
Beteiligung beim Abwassersyndikat SIDERO	56 586,32 €
Beteiligung beim Abwassersyndikat SIDEST	1 000 000,00 €
Instandsetzen des Bachlaufs der „Haerdbaach“ im Bourlach in Hersberg	95 000,00 €
Maßnahmen und Beteiligungen im Rahmen des Klimapakts	20 000,00 €
Beteiligung am Projekt des Wandpark Möllerdall	120 000,00 €
Einführen eines Paktes zur Förderung der Nachhaltigkeit	5 000,00 €
Ausarbeiten eines Konzeptes für das Dorfzentrum Altrier	25 000,00 €
Installation eines Multisportplatzes in Altrier	100 000,00 €
Ausarbeiten eines Konzeptes für das Dorfzentrum Bech	120 000,00 €
Ankauf von Blumen und Pflanzen	10 000,00 €
Einrichten eines Spielplatzes in Hemstal	50 000,00 €
Einrichten eines Spielplatzes in Rippig	50 000,00 €
Einrichten eines Spielplatzes in Bech	50 000,00 €
Aufstellen von öffentlichen Bücherschränken	5 000,00 €
Ausarbeitung eines Verkehrskonzeptes und Anpassung des allgemeinen Verkehrsreglements der Gemeinde	20 000,00 €
Ausführung verschiedener verkehrsberuhigender Maßnahmen auf Gemeindestraßen	75 000,00 €
Befestigung eines Wegehanges im Bourlach in Hersberg	20 000,00 €
Refektion verschiedener Gemeindewege und Bordüren	50 000,00 €
Ausarbeitung des Projekt zur Erneuerung der Straße „Neidiirfchen“ und des Dorfzentrums in Bech	25 000,00 €
Instandsetzung und Einrichtung von mobilitätsgerechten Bushaltestellen sowie zusätzlichen Stellplätzen	120 000,00 €
Unterhalt und Erneuerung der Straßenbordüren in einzelnen Dörfern	100 000,00 €
Anlegen eines Fußgängerweges in Gevershof	10 000,00 €
Verlängerung des Bürgersteigs in der Straße Ditzebierg in Kobenbour	50 000,00 €
Installation von elektrischen Ladestationen	30 000,00 €
Instandsetzung der Straße auf der Rippigerkopp	50 000,00 €
Räumen des Lagerplatzes an der Straße von Bech Richtung Herborn	35 000,00 €
Beteiligung am Projekt der CREOS zum Verlegen der Hochspannleitung in Kobenbour	25 000,00 €
Unterhalt und Reparaturen an Pumpstationen und Trinkwasserbehältern	10 000,00 €
Sanierung der Quellenfassung „Schlamfuhr“ in Bech	125 000,00 €
Sanierung der Quellenfassung „Waldquelle“ in Hemstal	110 000,00 €
Einzäunung von Quellenfassungen	25 000,00 €
Studien zur Verlegen einer neuen Trinkwasserleitung vom Behälter Graulinster nach Blumenthal	100 000,00 €
Ersetzen der Wasserzähler durch digitale Smart Meter	100 000,00 €
Installation einer interaktiven Beleuchtung an öffentlichen Plätzen	200 000,00 €
Ankauf von Grundstücken und Gebäuden	100 000,00 €
Maßnahmen und Beteiligungen im Rahmen des Pacte logement 2.o.	15 000,00 €
Unterhalt und Instandsetzung von Gemeindegebäuden	50 000,00 €
Projekt zum Umbau des bestehenden Gemeindegebäudes	50 000,00 €
Ausarbeiten eines Wohnungsbauprojektes auf dem Gelände des ehemaligen Schulgebäudes in Hemstal	50 000,00 €
Schaffen eines öffentlichen Raumes (Open Space)	20 000,00 €
Einrichten eines Notausganges und Instandsetzung des Pompjeesbau in Rippig	50 000,00 €
Brauerei Becher Gare - Projekt zur Installation einer Belüftung	15 000,00 €
Projekt zum Neubau eines neuen Veranstaltungssaales in Bech, Hanner Bra	2 000 000,00 €
Festsaal Hanner Bra - Akustische Verbesserung	40 000,00 €
Kulturzentrum Hanner Bra - Renovierung des Parketts und Ersetzen von Fenster	50 000,00 €
Anschaffen von Mobiliar für die Innen- und Außeneinrichtung des neuen Kulturzentrums Hanner Bra	125 000,00 €
Einführen eines Paktes zur Förderung der Kultur	5 000,00 €
Beteiligung an schulischen Projekten im Rahmen des SYNECOSPORT	596 020,00 €

Total der außergewöhnlichen Ausgaben	7 121 175,81 €
--------------------------------------	----------------

Aus diesem Zahlenmaterial ergibt sich folgendes Bild:

	Einnahmen	Ausgaben	Boni 2026	Mali 2026	Boni 2025	Gesamtresultat
Gewöhnliche	8 160 704,97 €	5 538 951,01 €	2 621 753,96 €		132 677,88 €	2 754 431,84 €
Außergewöhnliche	4 373 483,00 €	7 121 175,81 €		-2 747 692,81 €		-2 747 692,81 €

Somit würde am Ende des Geschäftsjahres 2026 ein Boni von 6 739,03 € entstehen.

Biodiversitéit

MÉI BIODIVERSITÉIT AM SIIDLUNGSRAUM: NEI GESTALTUNG VUN DE GRÉNGFLÄCHEN AM HEESCHBREGERWEE OP DER SCHANZ

Als Membersgemeng vum Natur- & Geopark Möllerdall an Naturpakt-Gemeng engagéiert sech eis Gemeng aktiv fir méi Biodiversitéit an eng naturno Gestaltung vun de Gréngflächen am Siidlungsraum.


Aus deem Grond sinn d'Beeter am Heeschbregewee ob der Schanz an de leschte Wochen deelweis scho geziilt mat Zierstaude beplantz ginn. Zil ass et, e kloer méi gefleegt a bewosst

BAUMUNTERPFLANZUNG FRÜHJAHRASPEKTE (FEBRUAR-MAI)

Mit Frühblüher-Knollen für ein farbenfrohes Frühjahr -
übergehend zu den Sommerstauden (ab Mai)

gestaltent Duerfbild ze schafen – mat robuste, méijärege Planzen an enger faarweger Bléi vum Fréijoer bis an den Hierscht. D'Ëmsetzung geschitt an enker Zesummenaarbecht tëscht der Gemeng, dem Naturpakt an der CIGR Grevenmacher.

Mat dëser Ëmgestaltung sollen e puer Ziler erreecht ginn: déi nei Staude schafen Nahrungsquellen a Liewensraum fir Beien, Päiperleken an aner Insekten a droen esou konkret zur Biodiversitéit bäi. Gläichzäiteg gëtt d'Strooss duerch faarweg a variéiert Bléiflächen opgewäert. Zousätzlech reduzéiert sech op laang Siicht den Ënnerhalt am Verglach zu klassesche Grasflächen, während robust Planzen och zur Upassung un de Klimawandel bäidroen.



- 1** **Crocus sieberi „Tricolor“**
Höhe: 5-10 cm
Blütezeit: Februar-März
Frühe Bienenweide, ideal zur Verwilderung.
- 2** **Narcissus pseudonarcissus (Wildnarcisse)**
Höhe: 20-40 cm
Blütezeit: Februar-April
Robust, langlebig, gut zur Verwilderung.
- 3** **Tulipa sylvestris (Wilde Tulpe)**
Höhe: 20-40 cm
Blütezeit: April-Mai
Duftend, natürlich wirkend, breitet sich langsam aus.
- 4** **Tulipa gesneriana (Damen-Tulpe)**
Höhe: 20-30 cm
Blütezeit: März-April
Klassischer Frühjahrsaspekt, farblicher Akzent.

HINWEISE

- Frühblüher liefern wichtige Nahrung für früh fliegende Insekten.
- Nach der Blüte das Laub einziehen lassen, bis es vergilbt ist.
- Bei trockener Witterung Frühjahr gießen.
- Ab Mai übernehmen die Sommerstauden die Hauptrolle.


E besonnesche Wäert huet och de soziale Volet: d'Aarbechte gi vum CIGR Grevenmacher ausgefouert. Déi do beschäftegt Persounen leeschten domadder e konkrete Bäitrag zur Gestaltung vun eiser schéiner Gemeng.

D'Billen weisen déi geplangte Stauden- a Knollebepflanzung esouwéi déi saisonal Entwécklung vun de Flächen. Dëst brauch awer natierlech e bëssi Geduld, bis alles esou schéi bléit wéi op de computergeneréierte Billen.

Méi Natur, méi Liewensqualitéit an eisen Dierfer – a gläichzäiteg e konkrete Bäitrag zu enger nohaltenger a sozialer Entwécklung

BAUMUNTERPFLANZUNG (BIODIVERS & PFLEGELEICHT)

mit *Fragaria vesca* var. *vesca*
als Bodendecker



- 1** **Fragaria vesca** var. **vesca**
(**Walderdbeere**)
Blütezeit: Mai-Juli
Bodendecker, bildet dichte Teppiche, essbare Früchte, sehr insektenfreundlich.
- 2** **Geranium sanguineum**
(**Blut-Storchschnabel**)
Höhe: 15-50 cm
Blütezeit: Juni-September
Robust, trockenheitsverträglich
- 3** **Echinacea purpurea**
(**Roter Sonnenhut**)
Höhe: 80-100 cm
Blütezeit: Juli-September
Sehr bienenfreundlich, strukturgebend.
- 4** **Echinacea purpurea „Alba“**
(**Weißer Sonnenhut**)
Höhe: 80-100 cm
Blütezeit: Juli-September
Heller Akzent, gleiche Standortansprüche.
- 5** **Aquilegia vulgaris**
(**Gewöhnliche Akelei**)
Höhe: 30-80 cm
Blütezeit: Mai-Juni
Naturnah, selbstaussäend.
- 6** **Aster amellus**
(**Berg-Aster**)
Höhe: 20-50 cm
Blütezeit: August-Oktober
Wichtige späte Nahrungsquelle für Insekten.

STANDORT & PFLEGE

- Halbschatten bis lichter Schatten unter Bäumen
- Humoser, durchlässiger, frischer bis mäßig trockener Boden
- Fördert Biodiversität: Nahrungsquelle und Lebensraum für Bienen, Schmetterlinge & Kleininsekten
- Ein vielfältiger Lebensraum - für mehr Biodiversität das ganze Jahr!
- Geringer Pflegeaufwand
- Rückschnitt bei Frühlingsbeginn

Green Events

WANN ENGAGEMENT A NOHALTEGKEET ZESUMMEKOMMEN

Zu Lëtzebuerg fanne bal all Weekend Fester statt – sief et eng Kiermes, e Festival, e sportlecht oder e kulturellt Event. Dës Manifestatiounen sinn e wichtege Bäitrag zu der Liewensqualitéit am Land an an der Gemeng a sinn ouni den Asaz vun de ville Veräiner a Fräiwëllegen net denkbar. Gläichzäiteg bedeuten Eventer awer och Ressourcëverbrauch: Iessen a Gedrénks gëtt verkaf, Offall entsteet, Energie gëtt verbraucht an d'Visiteure beweegen sech dohinner.

Schonn zanter e puer Joer ënnerstëtzt Green Events d'Organisateuren dobäi, hir Veranstaltungen méi nohalteg ze gestalten – ouni de Spaass an d'Gesellegkeet aus den Aen ze verléieren. Dës Ënnerstëtzung ass ganz konkret: eng duerchduechten Offallgestioun mat Méiwee-Systemer, nohalteg Akeef a lokal Produiten, eng bewosst Offer u Iessen a Gedrénks mat regionale a vegetareschen Alternativen, oder och ëmweltfrëndlech Mobilitéitsléisunge fir Visiteuren.

D'Beroder vun der Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl an der SuperDrecksKëscht stinn de Veräiner an Organisateuren dobäi zur Säit – mat enger individueller a professioneller Berodung a vill konkreten prakteschen Tipps, vun der Planung bis zur Ëmsetzung.

Wëllt Dir Äert
nächst Event méi
ëmweltfrëndlech
gestalten oder Iech
informéieren?
www.greenevents.lu

GREEN. EVENTS

Maacht Ären Event nohalteg



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité



SDK Geliefte
Klimaschutz
SuperDrecksKëscht®




EBL
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

Avec le soutien financier du ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Wät leeft? am Kanal

Wësst Dir wat sech Alles an der Kanalisatioun verstoppt?



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Fonds pour la protection
de l'environnement

Wät
leeft?
am Kanal

OfWaasser.lu



ALUSEAU
association luxembourgeoise
des services d'eau

Regional vernetzt – lokal profitéieren

WÉI D'GEMENG BECH HIERT REGIONAALT UEBST NEI ENTDECKT

D'Uebstbeem, déi zanter Generatiounen an der Gemeng Bech stinn, sinn méi wéi nëmmen e Bild vun der Landschaft – si sinn e liewege Patrimoine. Ob Äppel, Biiren oder Qätschen – d'Saison huet hiren eegenen Rhythmus, an dacks méi Uebst un de Beem wéi een doheim ka gebrauchen.

Mat kierfchen.lu gëtt et elo eng einfach Méiglechkeet, Offer a Nofro an der Region zesummenzebréngen. D'Plattform ënnerstëtzt den Austausch ronderëm Uebstbeem a fërdert gläichzäiteg nohalteg an regional Kreesleef. Entdeckt, wat Är Géigend ze bidden huet, a gitt selwer Deel dovun.



Sie haben mehr Obst an Ihren
Bäumen als Sie verwerten können?



Sie sind auf der Suche nach regionalem Obst,
wissen aber nicht, wo Sie dieses finden können?



DIE INTERAKTIVE PLATTFORM RUND UM OBSTBÄUME



kierfchen.lu verbindet Anbieter und Suchende –
schnell, einfach, kostenlos. Entdecken Sie auch
regionale Produkte, Bienenstellplätze,
Pachtflächen oder Erntemaschinen.



Helfen Sie mit, unsere artenreichen
„Bongerten“ zu erhalten – ob als Erntehelfer,
Tierhalter, Konsument oder Produzent.



Betreut durch den Natur- & Geopark Mëllerdall mit Unterstützung des Umweltministeriums.



Sanéierung vum Kierchtuerm

OP DER SCHANZ



Den Daach vum Kierchtuerm op der Schanz gëtt de Moment nei gedeckt. Am Kader vun den Aarbechte gëtt och d'Kräiz renovéiert.

Virun e puer Joer war en Deel vum Kräiz vum Daach erofgefall. Glécklecherweis ass dobäi kee blesséiert ginn. Beim erofgefallenen Deel huet et sech ëm e schwéiert Stéck Goss gehandelt. Aus Sécherheetsgrënn ass d'Kräiz doropshin ewechgeholl ginn.

Beim Ewechhuele vum Kräiz ass festgestallt ginn, dass den Daach an engem ganz schlechten Zoustand an net méi dicht war. Während den aktuelle Sanéierungsarbechte gouf zousätzlech festgestallt, dass och d'Balken an déi lescht sechs Meter vun der Tuermspëtzt staark beschiedegt waren. Dës Balken sinn an der Tëschenzäit ersat ginn.

Den Daach gëtt mat Schifer nei gedeckt. Zousätzlech ginn och Blechaarbechten um Daach an un der Fassad ausgefouert.



Einfach parken!



HANNER BRA

D'Gemegeverantwortlech ginn ëfters dorop higewisen, dass Trottoiren oder Foussgängerweeër plazeweis zougeparkt sinn, an dass d'Leit a virun allem d'Kanner dann iwwert d'Strooss musse lafen. Fir d'Sécherheet an d'Mobilitéit vun alle Verkéiersparticipanten ze garantéieren, ass et wichteg d'Reegele vum Code de la Route anzehalen.

De Code de la Route gesäit ënner anerem vir, dass d'Parke verbueden ass:

- op alle Plazen am öffentleche Stroosseraum, déi fir Foussgänger reservéiert sinn (z. B. Trottoiren). Wann et bannent enger Uertschaft keen Trottoir gëtt, muss op mannst e Passage vun engem (1) Meter fräi bliwen
- bannent 12 Meter op béide Säite vun engem Busarrêt
- op Zebrastreifen an an engem Ofstand vu 5 Meter op béide Säite vun dësen
- bannent 5 Meter op béide Säite vun enger Stroossekräizung.

Fir d'Verkéierssécherheet ze verbesseren, bitt d'Gemeng de Biergerinnen a Bierger un, de **Parking Hanner Bra** ze notzen. Dëse Parking stellt eng praktesch Alternativ duer a mécht et méiglech, ze parken, ouni Foussgänger oder aner Verkéiersbenotzer ze behënneren.





Opruff

un d'Awunnerinnen
an d'Awunner
vun der Gemeng Bech

Am Kader vun der Opwäertung vum Site „Hanner Bra“ invitéiert d’Gemeng all Awunnerinnen an Awunner, fir kreativ Virschléi anzerechen, fir den alen an den neie Sall Hanner Bra offiziell ze benennen.

Mir freeën eis op vill originell Propositionen

Jidderee kann 2 Nimm proposéieren :

- 1 Numm fir den ale Sall
- 1 Numm fir den neie Sall

Är Iddie kënnen bis den 31. August agereecht ginn :

- per E-Mail un : gemeng@bech.lu
- per Bréif un : Gemeng Bech, 1 Enneschtgaass, L-6230 Bech

KonschtBecher

President: Marc Pitzen Sekretär: Laurence Closener Trésorier: Norbert Eicher

Kontakt: mpitzen@pt.lu



De KonschtBecher gouf am Jär 1995 gegrënnt, an haat diem-nô am Jär 2025 schein 30. Gebuertsdag. Et sinn duemôls a ville Gemengen d’Kulturkommissiounen entstannen, zu Bech wollte mer en aanere Wee goën. Eng Réi Bierger aus der Gemeng Bech hunn deemools en neien Veräin gegrënnt den am Fong 3 Ziler huet: D’Schaffen an d’Promotioun vu kulturellen Aktivitéiten an der ländlecher Géigend, d’Koordinatioun vun kulturellen Initiativen mat lokalem Charakter, an d’Erhalen vu kulturellem an architekturelem Patrimoine.

Säit senger Grënnung huet de Veräin eng ganz Réi vu Projekten kënnen realiséieren: D’Organisatioun vu Cabaretsowenter, Ausstellungen, Concerten, Virtréig iwwer Sujeeën vu lokalem Intressi, Opstelle vu Panneauen, ... asw. Onvergiess ass och d’Déiereprozesssioun zu Weimar am Jär 1999, wou mer mat der Becher Musek a ville Bierger drun deelgeholl hunn.

Aus der langer Réih vu Veranstaltungen a Projeeën erënnere mer eis gären un d’Owender mam fransésische Chanson-Duo Patrick et Muriel, d’Cabaretsowender mam Cabarenert, den Oprëtt vum Elvis-Duersteller Steven Pitman, awer besonnesch och un d’Filmowender mat de Filmer vum verstuerwenen, fréiere Member vum KonschtBecher, dem Norbert Pfeffer.

Ganz houfreg ass de Veräin op seng Initiative „E Konschtwierk fir all Duerf“ wou zesummen mat der Gemeng an de Bierger, déi verschidden Dierfer sollen e Konschtwierk kréien.

Duerch Kolleegen déi verstuerwen sinn oder de Veräin verlooss hunn, hu mer leider net méi vill Memberen, esou dat et schwierig ass nach vill gréisser Aktivitéiten ze organiséieren. Duerfir den Opruff un all interesséiert Léit sech bei eis mat neien Iddien ze mellen, a matzeschaffen


- 1 Hemstal/Duerfplatz: Rol Backendorf (2014)
- 2 Rippig/Kapell: Mirosh (2002)
- 3 Becher/Weier: Ferronnerie d’Art Besenius (1996)
- 4 Hersberg/Bildchen: Jos Prim, Edmond Schintgen



Schanzer Fëscherfrënn a.s.b.l.

President: Weyland Néckel | 7, Heeschbregewe | L-6225 Altrier
Komitee vu lénks no riets: Weyland Nick, Schertz Raymond, Klepper Jang, Weyland Néckel, Schmitz Claude, Niederweis Claude, Burais Michel, Scheerer Jos. Op der Foto feelen: Gross Francis, Mosar Guy, Mosar Marc a Scheerer Tom.

Kontakt: Email: schanzerfescherfrenn1996@hotmail.com oder weylandn@pt.lu
GSM: 621 263 021



Den Zweck vun dëser Associatioun ass: Fräizäitfëschchen an alle Formen a gesellegt a komerodschaftlecht zesummesinn.

Fir dësen Zweck z'ërfüllen hunn d'Schanzer Fëscherfrënn e Wei-er an Däitschland gepacht deen se zesumme mam Fëscherveräin ASV Nennig e.V. befëschchen an organiséieren all Joer Aktivitéite wou hausmaacher Hierken, gereechert Frellen a Salem, Wëll-

schwäinzoossis a -paté zum Verkaf ugebuede gi fir en Deel vun der Pacht a vum järeliche Fëschasaz mat ze droen.

D'Fëschchen ass 365 op 365 Deeg am Joer erlaabt, sou wäit wéi et déi saarlännesch Fëschereigesetzer zouloossen.



BBM – Bech-Berbuenger Musek

Presidentin: Bohnenberger Viviane **Vice-President:** Deville Joël **Trésorière:** Lemmer Jeanny
Sekretariat: Clemens Ketty **Comitésmemberen:** Classen Claude, Clemens Lisi, Deville Céline, Kleyr Elisabeth, Post Frédéric, Schmit Luc, Wagener Corinne

Kontakt
sekretariat@bbm.lu



D'Bech-Berbuenger Musek gouf 2009 aus der Becher Musek an der Berbuenger Musek, zwee Veräiner déi allebéid schonn 114, respektiv 117 Joer bestanen hunn, gegrënnt. 2019 huet d'BBM hiren 10. Anniversaire gefeiert a besteet aus ongeféier 50 aktive Musikantinnen a Musikanten.

D'Prouwe sinn all Donneschdeg vun 20.00 bis 22.00 Auer am Musekssall zu Berbuerg (1, Schoulstrooss). Duerch eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat der UGDA Musekschoul, déi zanter 2004 zu Berbuerg organiséiert gëtt, gewënnt d'BBM ëmmer nees neie Nowuess a kann dofir zwee Jugendensembelen: d'Mini-Notes an d'Pink Notes vun ongeféier 20 jonke Musikantinnen a Musikanten zu hirem Veräin zielen. D'Zil ass et, hinnen de Spaass um zesumme musizéieren ze vermëttelen an ob déi grouss Musek virzebereeden.

D'Jugendensembele prouwen och donneschdes: d'Mini Notes vu 17.45 bis 18.45 Auer an d'Pink Notes vun 18.45 bis 19.45 Auer. Detailler zu de Musekscoursen an all aner Infoe fannt dir op eiser Homepage www.bbm.lu esou wéi ob eiser Facebook-Säit. Direktioun vun deenen dräi Ensembelen huet den Daniel Heuschen.

D'BBM spillt all Joer zwee grouss Concerten, e Wanterconcert an der Becher Kierch an e Fréijoersconcert am Centre Beaura-paire zu Berbuerg. Do dernieft kommen all déi traditionell Manifestatiounen an deenen zwou Gemengen an eng Rei kleng Concerten op Fester ronderëm.

D'Thème vun de Fréijarsconcerte bis elo waren:

- 2008 Wakantanka, e Kannermusical
- 2009 Sea World Fantasie
- 2010 Circo del Mondo, alles ronderëm den Zirkus
- 2011 BBM goes British
- 2012 BBM plays Walt Disney
- 2013 BBM plays Big-Band Music
- 2014 BBM plays Best of Five
- 2015 BBM plays Popular Music
- 2016 BBM plays Flight to the spheres
- 2017 BBM plays Famous Movie Themes
- 2018 BBM plays Mythen a Legendes
- 2019 BBM plays Classics and Rock
- 2022 BBM travels to the 80's universe
- 2023 BBM plays Celtic Sounds
- 2024 Chansons françaises présentiert vun der BBM
- 2025 Music for heroes
- 2026 Mam Charly duerch d'Land



Chrëschtbeemercher-sammlung

11.01.2026

Ufank Januar huet d'Becher Jugend d'Chrëschtbeemercher an de Nopeschdierfer agesammelt, fir se dono um Buergbrennen ze verbrennen.



Chrëschtbeemercher-sammlung zu Rippeg

26.01.2026

Et ass eng Premier. D'Amicale huet dëst d'Joer d'Chrëschtbeemercher méi frei agesammelt. Bis elo sinn d'Beemercher ëmmer réischt de Samsden Moie virun der Buerge gesammelt ginn.



Antonius Kiermes zu Rippeg

17.01.2026

Ewéi d'Traditioun et wëll, gouf dëst Joer nees d'Antoniuskiermes op den Dag genee zu Rippeg zelebréiert. Am Nomëtte sinn d'Hameschmiere fläisseg am Grupp gemaach ginn. No der Mass an der Kapell, gouf am Pompjeesbau zu Rippeg zesumme gefeiert. D'BBM huet fir dësen Ulass ewéi déi lescht Joer fir musika-lesch Ënnerhaltung gesuergt.



Generalversammlung Sport a Fräizäit

30.01.2026

Den 30. Januar hat de Sport a Fräizäit Schanz hier Generalversammlung op der Schanz am Vereinsbau.

Mat schwéierem Häerzen huet de Veräin hier Präsidentin Henriette Hellers an d'Pensioun goe gelooss. Eist Heu war Grën-nungsmember vum Veräin an 42 Joer Präsidentin. Ouni hatt wier de Veräin net wat en haut ass. Mir verdanken him ganz vill.

Et ass en neie Comité forméiert ginn.

Den neie Comité vu lenks op riets:
Eugenie Thill, Tilly Roth, Bibi Wintersdorf, Tessy Lanser, Isabelle Vaessen, Dan-
ielle Kleyr, Nathalie Hansen. Op der Foto felt: Martine Dahm.



Liichten

02.02.2026

Mat vill Begeeschterung sinn d'Kanner den 2. Februar duerch d'Gemeng Bech liichte gaangen. Dobäi hu si d'Awunner mat hire Liddere a Lampionen un d'Traditioun vum Liichtemëssdag erënnert.



Foto-Virtrag vum Pierre Johannis

17.02.2026

Ufank August 2025 ass de Pier Johannis matt sengem Vëlo vu Bech duerch Frankräich, Spuenien a Portugal, bis op Santiago de Compostela gefuer. A sengem Foto-Virtrag huet hien déi verschidde Statioune vu senger Rees gewisen.



Buerg Weekend 20., 21. an 22.02.2026

D’Becher Jugend huet schon Freides ugefangen hier Buerg ze bauen. D’Micky Mais an d’Amicale vu Rippeg hun wei ëmmer Samstes mam weckelen respektiv bauen vun hierer Buerg ugefangen. Et wor Wiedermässeg, definitiv nët de beschte Weekend... Mee um 17h30 Samstes stung schlussendlech och op der Schanz, wann och a bessi „reduzéierter“ Form, déi 30. Buerg!

Wéi sot de Präsident schon all di Joren ëmmer: „Si gett awer just verbrannt“. Zu Bech stung d’Buerg och schon en Samsten Owend mat enger Jugend déi trotz dem Wieder ganz zefridde wor. Zu Rippeg ass ewei ëmmer d’Buerg geweckelt ginn. Dëst Joer ass se iwver Nuecht esou gutt ët gung ënner Dach bruecht ginn. Sonndes huet d’Kräiz dunn den Tuer vum Duerf gemaach.




Buergsonnden

Leider huet et den Sonnden Owend wei erwaard ordentlech gereent. Trotz de meteorologeschen Ëmstänn sinn dei 3 Buergen gebrannt ginn... (esou gutt et goug). D’Leit sinn trotz Reen a Wand an déi respektiv Bulliswissen eragetrëpelt. Duerfir nach mei e groussen Merci all deenen déi de Wee bis op d’Buergplatzen fonnt hunn. D’Feieren woren dëst Joer méi kuerz, mee bleiwen trotzdeem memorabel.

Op der Schanz ass d’Buerg vun 2 vun den 3 Eierenpräsidentinnen zesummen mam aktuellen Präsident vun den Micky Mais ugefaange ginn.

Zu Bech konnt de ganzen Spektakel per Livestream op der Leinwand am Jugendhaus verfollegt ginn, wou et och eppes z’iessen an ze drénke gouf.



Bech



Op der Schanz



Rippeg

Generalversammlung Micky Mais Gemeng Bech 27.02.2026

De 27. Februar haten d'Micky Mais hier järelech Generalversammlung op der Schanz am Veräinsbau.



Generalversammlung mat Scheckiwwerreechung vun de Fraen a Mammen aus der Gemeng Bech 11.03.2026

Ufanks März hunn d'Fraen a Mammen hir Memberen op hir alljärelech Generalversammlung agelueden.

D'Presidentin Marie-Thérèse Bohnenberger huet d'Memberen an d'Vertreieder vun der Gemeng begrüsst a gefrot fir un all déi verstuerwe Fraen aus der Gemeng ze denken. Och huet si sech op den internationale Weltfraendag beruff den all Joer am März e wichtige Dag ass wou d'Fraen sech fir hir Rechter asetzen.

D'Sekretärin Sylvie Classen huet an hirem Aktivitéitsbericht zumools op den Ausflug mam Schëff Marie-Astrid de 14. Juni higewisen.

D'Marie-Thérèse Post huet nom Finanzbericht haaptsächlech un den alljäeregen Don erënnert den d'Fraen a Mammen enger Organisatioun zoukomme loossen, déi sech fir Leit asetzt, déi op iergend eng Aart a Weis op finanziell a moralesch Hëllef uge- wisse sinn. Dëst Joer war et hinnen e Pleséier d'Asbl „Emma and Friends“ aus dem Nopeschduerf Berbuerg z'ënnerstëtzen.

Nodeems de Buergermeeschter Max Pesch de Fraen a Mammen Merci gesot huet, fir alles wat si déi lescht Jore geleescht hunn,

huet hien hinnen och Courage gemaach fir sech weiderhin an der Gemeng Bech ze engagéieren: „D'Fraen a Mammen sinn fir d'Gemeng Bech do, an d'Gemeng Bech ass fir all d'Fraen aus der Gemeng do.“

Dëse flotten Owend ass mat engem gudde Maufel a vill gudder Laun ausgeklungen.



Generalversammlung Becher Jugend 13.03.2026

De 7. Februar hate mir als Becher Jugend e Schnupperdag, wou de Veräi virgestallt gouf an een eis konnt kenneléieren.

Den 13. März gouf d'Generalversammlung ofgehalen a mir si frou, eng Rei nei Memberen ze begrüessen. No der Versammlung am Jugendhaus, si mir e gudde Maufel am Restaurant Steinmetz iesse gaangen.



Cabaret-Dinner zu Bech 13.-14.03.2025

Freides, den 13., a Samschdes, de 14. März 2026, gouf et am Restaurant Steinmetz zu Bech net nëmme gutt z'iesse, mee et gouf och eng gutt Portioun Humor zerwéiert. Ënnert dem Titel „Schanzer Cabarotiker – Improviséiert? Wurschteléiert!“ hunn 13 couragéiert Acteuren, mat der tatkräfteg Ënnerstëtzung vu 4 Museker, d'Bün op d'Kopp gestallt.

Am Ganzen hunn 190 Spectateuren de Wee op eis Owender fonnt – a si goufen net ent- täuscht: et gouf vill gelaacht, heiansdo vläicht e bëssen improviséiert (oder „gewursch- telt“), mee virun allem eng immens flott a gemittlech Atmosphär geschaf. Tëscht Teller a Pointe war fir jiddereen eppes dobäi!

An elo bass du drun: hues du Loscht, selwer emol op der Bün ze stoen oder hannert de Kulisse mat unzepaken? Mir sichen ëmmer nei Gesichter – egal ob Talent oder einfach gutt Laun! Mell dech gäre bei eis iwwer eis Facebook-Säit.



Lasergame + Bowling Becher Jugend

20.03.2026

Als Merci un déi gutt Ënnerstëtzung vun de Memberen op eise verschiddenen Evenementer, huet d'Becher Jugend e klengen Ausflug an de Bowling Center op Bitburg gemaach.

Do hu mir zesumme Lasergame a Bowling gespillt an e flotten Owend verbruecht.



Grouss Botz

21.03.2026

Samschdes, den 21. Mäerz war déi traditionell Grouss Botz duerch d'Gemeng.

Bei schéinem Wieder hunn sech ronn 70 Leit op de Wee gemaach fir eis verschidden Dierfer propper ze halen. Dono gouf et nach eppes Guddes vum Restaurant Steinmetz am Gemengesall ze iessen.

E grouse Merci u jiddereen, deen dobäi war a mat ugepaakt huet.



Generalversammlung Amicale Rippeger Pompjee

22.03.2026

De Nico Prommenschenkel Präsident vun der Amicale, huet dest Jar d'Generalversammlung fir d'lescht geleed. Hien get seng Funktioun als Präsident elo un déi nächst Generatioun weider.



Generalversammlung Schanzer Fëscherfrënn

27.03.2026

De President Weyland Néckel huet a senger Usprooch jidderengem MERCI gesot deen si am Laf vum Joer sief et manuell oder finanziell ënnerstëtzt huet. E grouse Merci och un d'Gemeng fir dee generéise Subsid a well si als Veräin aus der Gemeng d'Gemengesäll gratis kënne benotzen.

Den 01.04.1996 goufen d'Schanzer Fëscherfrënn gegrënnt vum Néckel, vum Vize-President Klepper Jang an dem deemolege Sekretär Neumann René a bestinn elo 30 Joer.

Mat 174 Fëscher sinn si vläicht dee gréisste Veräin an der Gemeng Bech.

Den neie Sekretär Schertz Raymond huet iwwert all Aktivitéiten an de Fëschasaz 2025 geschwaat. Den Néckel huet eng detailléiert Kees a gesond finanziell Situatioun presentéiert a krut vun de Keeserevisoren an der Generalversammlung d'Decharge.

Säit 2025 sinn d'SFF eng A.s.b.l. an den aktuelle Komitee ass gewielt bis 2031.

Den neie Buergermeeschter Max Pesch huet de SFF Merci gesot fir hiert Engagement a si encouragéiert sou weider ze fueren an hinne gratuléiert fir hier 30 Joresfeier.

Fir ofzeschlësse gouf et e gudde Buffet mat engem gudde Patt.





Ausflug Heidelberg

Becher Jugend

17.-19.04.2026

De Weekend vum 17. op den 19. Abrëll huet d'Becher Jugend e Städtetrip op Heidelberg gemaach. Zesummen si mir mat engem klengen Bus dohi gefuer an hunn an engem flotten Hotel geschlof. Mir hunn déi wonnerschön Alstad bewonnert, waren d'Schlass kucken an hunn eis et gutt goe gelooss. Um Programm stoung och den Zoo an en Escaperoom, wou mir mat guddem Teamwork an no e puer kniwwelege Rätselen seier erausfonnt hunn. Um Wee fir heem ware mir dann nach en Tuer duerch den impressionnante Gaart vum Schlass Schwetzingen maachen.



1. Mee am Bësch

01.05.2026


Wéi zanter Joerzénge huet d'Becher Jugend an der Nuecht op den 1. Mee zesummen am Bësch campéiert. Den Dag selwer gouf et eng grouss Meekranz fir d'Jugendhaus geflecht, souwéi jeeeweils ee fir de Restaurant Becher Gare an de Restaurant Steinmetz.



1. Mee Feier Micky Mais

01.05.2026

D'Familien vum Comité vum den Micky Mais Gemeng Bech waren traditionnell den 1. Mee dann och rem bei de Schanzer Wäschbueren aktiv mat hirer Botzaktioun mat uschleissendem gemittlechem Ausklang bei beschten Wieder.



Instandsetzen vum Kannerwanderwee

am März an Abrëll

28.03. | 11.04. | 18.04

Iwert di lescht Wochen hunn Micky Mais Deierenfiguren beim Waitsprong op der Becher Gare an um Beschwee vum den Schanzer Wäschbueren rof op d'Hemsteler Gare ersat. Des weideren gouf op der Becher Gare den neien Corten Stohl Bac mat Kraiderplanzen gesat. Och hei geheet di entsprechend Virbereedungsarbescht am Atelier, bzw. dei nodreiglech Pflieg (Netzen bei dem dreschenen Wieder) derzou, vir datt dat ganz gelengt.





Generalversammlung vum DT Bech

04.06.2026

Op der Generalversammlung vum DT Bech hun hier Memberen eestemmeg fir eng Fusioun mam DT Bäerdref gestemmt.




Vernissage Open-Air Fotoausstellung

12.06.2026

D’Gemeng Bech, zesumme matt hirer Kultur- an Tourismuskommissioun haten den 12. Juni op de Vernissage vun hirer Fotoausstellung zu Bech am Tunnel invitéiert. D’Ausstellung ass e Leader-Projet a presentéiert ausgewielte Fotografíe vu Landschaften, Uertschaften, Natur- a Stëmmungsbiller aus der Mëllerdall-Regioun.

D’Fotoausstellung kann nach bis den 12.09.2026 besicht ginn.



Nationalfeierdag zu Bech

23.06.2026

Den 23. Juni goufen d’Feierlechkeete vum Nationalfeierdag zu Bech ofgehalen. Wéinst den héijen Temperaturen huet de geplangte Cortège leider missen ausfalen. Den Te Deum, souwéi déi uschléissend Festlechkeete konnten awer am Centre culturel Hanner Bra stattfannen.

De Buergermeeschter huet seng offiziell Ried gehalen an dono war jiddereen invitéiert op en Eierewäin. Trotz der Hëtzt war d’Stëmmung gutt, an d’Participanten hunn e flotte Festdag verbruecht.

Weider Fotoen fannt Dir op www.bech.lu > Media Centre > Albums photos



Kolrabi

EEN ONSCHEINBAART GEMÉIS MAT VILL POTENZIAL

Tëscht all de modernen Trend-Zutaten a Superfoods gött et e Geméis, dat éischter bescheide wierkt a grad doduerch iwwerrascht: de Kolrabi. Aus ernierungsphysiologescher Siicht ass de Kolrabi besonnesch interessant weinst sengem niddrege Kaloriegehalt a senge siedegende Ballaststoffer. Wat d’Vitaminne betrëfft, hëlleft de Vitaminn C, deen a bedeitende Quantitéiten dra virkënnt, de Kierper géint Infektiounen ze schützen. Mat sengem mëll-nëssege Goût a senger frëscher, knuspereger Textur kann de Kolrabi vill méi, wéi een him op den éischte Bléck zoutraut.

Beim Akaf gutt hikucken

Beim Kaf vu Kolrabi lount sech e geneeë Bléck: Frësch Qualitéit erkennt een un de kräfteg grénge Blieder an enger fester Knoll mat glater Schuel. D’Faarf ka jee no Zort vu lichte Hellgréng bis zu intensivem Blo-Violett variéieren, geschmaachlech mécht dat awer kaum en Ënnerscheid. Méi kleng Knollen si meeschtens besonnesch zaart a hu méi fei Fasere wéi grouss Exemplairen. Doheem hält sech de Kolrabi am Geméisfach vum Frigo op mannst eng Woch. Wichteg ass, d’Blieder virdrun ewechzehuelen. Soss entzéien si der Knoll Fiichtegheet a loossen se méi séier mëll ginn.

Knuspreg a frësch

Réi ass de Kolrabi besonnesch beléift. A Stëfter geschnidden eegent hien sech als gesonde Snack fir tëschenduerch, puer oder an e cremege Jughurtsdip gezappt. Och an der Zalot mécht hien eng gutt Figur: Fei gerappt a mat engem saierlechen Apel gemëscht, entsteet eng frësch a liicht Mëschung, déi mat enger wierzeger Vinaigrette perfekt ofgerënnt gött.

Waarm e richtegen Alleskënner

Och gekacht weist de Kolrabi seng Villsäitegheet. A Geméispaanen, Zoppen oder Gratine bréngt hien eng licht Séiss an eng fest, agreabel Konsistenz mat. E Geheimtipp, deen ëmmer méi beléift gött, ass de Kolrabi-Schnitzel: Scheiwe vun der Knoll kuerz blanchéieren, panéieren a knuspereg am Ueleg ubroden – en iwwerraschend gehäerzte Plat, dee bei Kanner wéi och bei Erwuessene gutt ukënnt.

Net ewechgeheien: dat wäertvollt Blatgréng

Eng dacks iwwersinn Eegenheet vum Kolrabi sinn seng Blieder. Si enthalen esouguer méi Beta-Karotin, Antioxidanten a Vitaminn C wéi d’Knoll selwer. Fein gehackt ginn si Zoppen, Geméispaanen oder Opstrécher eng extra Würz. Méi grouss Blieder kënnen ewéi Spinat preparéiert ginn oder als Basis fir Pesto, Füllungen oder Roulade benotzt ginn.

De Kolrabi weist domat: Fir spannend Platen brauch et net ëmmer ausgefale Zutaten. Heiansdo ginn eng einfach, ronn Knoll an e bësse Virwëtz beim Kachen duer.

Knusprege Kolrabi

Zutate fir 4 Persounen

600 g	Kolrabi (2 Stéck) mat Blieder
1	Fréjoersziwwel
20 g	Péiterséileg (½ Bëndel)
350 g	Moere wäisse Kéis (Quark, Stoffi)
150 g	Naturjughurt
½	Zitroun
1 EL	Nëssueleg
60 g	Vollkorn-Weessmiel
2	Eeër
25 g	Kürbiskären
100 g	Vollkorn-Panéiermiel
2 EL	Rapsueleg
	Salz, Pfeffer

Zoubereedung

De Kolrabi botzen, schielen an a ronn 1 cm déck Scheiwe schneiden. An kachendem Salzwaasser 5 Minutte blanchéieren, eraushuelen, mat kalem Waasser ofschrecken an dréchen tuppen.

An der Tëschenzäit d’Fréjoersziwwel botzen, wäschen an a fei Réng schneiden.

Ee Kolrabiblat an de Péiterséileg wäschen, dréche rëselen an alles fein hacken. D’Zitroun wäschen, dréchen tuppen an 1 Téiläffel Zitroune-schuel ofraaspelen. Duerno d’Zitroun auspressen.

De wäisse Kéis mam Jughurt an dem Nëssueleg glat verréieren. D’Fréjoersziwwel an d’Kraider ënnermëschen a mat Salz, Pfeffer, Zitrouneschuel an Zitrounejus ofschmaachen.

D’Miel op en Teller ginn. D’Eeër an engem déiwen Teller opschloen, verréieren, salzen a pefferen. D’Kürbiskären am Mörser fein zerdrécken, mam Panéiermiel vermëschen an op en Teller ginn.

D’Kolrabischeiwe fir d’éischt am Miel, duerno am Ee an zum Schluss am Panéiermiel dréinen.

Eng beschicht Pan erhëtzen, mat 1 Iesslöffel Rapsueleg apinselen an d’Hallschent vun de Kolrabischeiwe vu béide Säiten ongeféier 3 Minutte bei mëttlerer Hëtzt gëllebrong ubroden. Waarm halen.

Déi aner Hallschent mam reschtlechen Ueleg op déi selwecht Aart a Weis ubroden.



D’Kolrabi-Schnitzele mam Kraiderdip zerwéieren.

Bausse knuspreg, bannen zaart – de Kolrabi weist, wéi iwwerraschend villsäiteg Geméis ka sinn.



Fir eis Kanner

RÄÄTSEL, MOLEN A SPASS



Maach aus eiser Gemeng e faarwegt Konschtwierk!




An dësem Gitter hu sech 5 Dierfer aus eiser Gemeng verstoppt. Kanns du se all fannen?

T	R	E	B	N	Y	A	P
L	E	K	H	Z	S	L	L
R	I	P	P	I	G	T	A
B	G	B	R	T	P	R	W
V	E	E	O	T	N	I	R
C	N	C	X	I	U	E	E
F	M	B	H	G	I	R	G
L	H	E	M	S	T	A	L

Wéi gutt kenns du deng Gemeng?

All Äntwerte fir dëst Kreuzworträtsel verstoppen sech an de verschiddenen Artikelen vum Gemengebuet. Vill Spaass beim Sichen a Räätselen!

1. A wéiengem Mount ass Buergebrennen?
2. Wéi heescht de Kulturzentrum zu Bech? ... Bra
3. Wéi heescht de Gemengerotsmember Laurent matt Nonumm?
4. U wéieng Organisatioun goug de Scheck vun de Fraen a Mammen? ... and Friends.
5. De Kanal ass keng ...?
6. Bis wouhin ass de Pier Johannis mam Vëlo gefuer? Santiago de ...
7. Wéi heescht de Ruffbus vun dem d'Awunner Gebrauch maache kennen?
8. Wat verkaafen d'Schanzer Fëscherfrënn all Joer?
9. Wouhi war d'Becher Jugend op en Ausflug?
10. Wat steet beim Aikido niewent Konzentratioun, Kierperbeherrschung an Freed am Mëttelpunkt?
11. Matt wem ginn zesumme d'Blummebeeter am Heeschbreggerwee beplant?
12. Wat kann een sech beim CeeJeeFoodtruck bestellen, Fritten an ...?



12.
Juni

Open-Air Fotoausstellung

„Mëlleddall. Besonnesch Plazen aus der Regioun“
D'Ausstellung ka vum 12.06. bis den 12.09. besicht ginn

Organisatioun: Kultur- an Tourisemuskommissioun Bech

16.
Aug.

IVV- Wanderung a Grillfest

Ab 7:00 Auer
Start/Ziel: Centre Culturel „Hanner Bra“ Bech
Strecken: 6, 11 oder 19 km

Organisatioun: Micky Mais Gemeng Bech

23.-25.
Juli

Tunneldisco

zu Bech am Tunnel
Donneschdes After-Work
Freides 90/2000er
Samschdes EDM/House

Organisatioun: Becher Jugend

13.
Sept.

Kleedersammlung

Ab 10:00 duerch d'Gemeng Bech

Organisatioun: Becher Jugend

24. + 25.
Juli

Summerparty Motoclub

Freides owes a Samschdes
de ganzen Dag zu Rippeg

Organisatioun: Motoclub Les Iguanes

10.
Okt.

Journée de Commémoration

18:00 Auer zu Bech an der Kierch

Organisatioun: Gemeng Bech

15.
Aug.

Liichterprëssessioun beim Bildchen

Op Léiffrawëschdag fënnt um 20 Auer eng Liichterprëssessioun vun der Schanzer Kierch bei d'Heeschbregger Bildchen statt. Duerno gëtt dann virun der Ech mat senger Mariastatue eng feierlech Mass zelebréiert.

Organisatioun: Par Regioun Iechternach Saint-Willibrord

17. + 18.
Okt.

Theater Schanzer Cabarotiker

20:00 Auer Bech Hanner Bra

Organisatioun: Schanzer Cabarotiker



Mir gratuléieren



16. Februar
Traian Ciociu &
Annette Marx



6. Juni
Xandor Vandenberg &
Martine Forschelen



11. Februar
Margot Merens

D'Madamm Margot Merens vun der Schanz huet den 11. Februar hire 95. Gebuertsdag gefeiert. Bei dëser schéiner Geleeënheet ass de Schäfferot laanscht komm, fir hir déi härezechst Gléckwësch ze iwwerbréngen an hir nach vill Gesondheet a flott Momenter ze wënschen.

Hutt Dir flott Fotoe vun
besonnesche Momenter?
Da schéckt eis déi gären
eran! Mir freeën eis iwwer
Är Bäitrag a publizéieren
eng Auswiel dovunner an
eisem Gemengebuet.



Drot wgl. dozou bäi, eis Gemeng
propper a lieuwenswäert ze halen!



Bellootuten sinn op ville Plaze gratis ze
kréien a kënnen och an ëffentlechen
Dreckschëschen entsuergt ginn.



Solarsimulator: Optimieren Sie Ihren PV-Eigenverbrauch durch eine gute Planung

Eigenen Strom zu erzeugen, ist für viele Haushalte gerade in der aktuellen Energiesituation zunehmend interessant. Um Sie dabei zu unterstützen, unabhängiger zu werden und Ihre Solaranlage richtig zu planen, wurde der Solarsimulator entwickelt.

Denn die **richtige Dimensionierung** in Verbindung mit anderen Dekarbonisierungsmaßnahmen (wie z. B. eine Wärmepumpe oder Elektromobilität) ist entscheidend, um das Potenzial einer Photovoltaikanlage optimal zu nutzen. Eine zu kleine Anlage begrenzt die möglichen Einsparungen, während eine überdimensionierte Anlage die Einspeisung ins Netz erhöht und die Rentabilität Ihrer Investition reduziert. Dieses Gleichgewicht ist umso wichtiger, da im neuen Klimabonus-Förderregime die Beihilfe an die installierte Leistung gekoppelt ist und ab 15 kW_p auf 10.000 € begrenzt wird.

Bevor Sie starten, sollten einige grundlegende Fragen geklärt werden:

- Welche Leistung ist sinnvoll?
- Soll die gesamte Dachfläche genutzt werden?
- Ist eine Batterie relevant?
- Welchen Grad an Energieunabhängigkeit kann man erreichen?

Der **neue Solarsimulator** von Klima-Agence ermöglicht es, diese Fragen individuell und interaktiv zu untersuchen. Er simuliert das Zusammenspiel zwischen den wichtigsten Stromverbrauchern und einer Photovoltaikanlage – mit oder ohne Batterie.

Das Ziel ist klar: eine **stimmige Konfiguration zu identifizieren, die zu Ihrem Stromverbrauchsprofil sowie zu Ihren aktuellen oder zukünftigen Nutzungen passt** – etwa bei der Integration einer Wärmepumpe oder eines Elektrofahrzeugs.

Das Tool liefert eine fundierte Grundlage für die Dimensionierung eines Solarprojekts. Es ersetzt keine detaillierte technische Studie, hilft jedoch, Größenordnungen zu verstehen, die Auswirkungen technischer Entscheidungen zu erkennen und Optimierungspotenziale sichtbar zu machen.

Der Ablauf ist klar strukturiert und intuitiv:

- **Basisdaten** – Adresse des Gebäudes zur Abschätzung des Dachpotenzials sowie Angaben zum Verbrauchsprofil;
- **Photovoltaikanlage** – Vorschläge für mögliche und empfohlene Leistungen, mit Anpassungsmöglichkeiten;
- **Komponenten** und Parameter – Integration einer Batterie, technischer Anlagen (Heizung, Warmwasser, Lüftung), Elektromobilität sowie wirtschaftlicher Parameter wie Fördermodus, Strompreis und geschätzte Gesamtkosten.

Während der gesamten Simulation werden die Ergebnisse in Echtzeit aktualisiert: Rentabilität, Eigenversorgungsgrad und Einspeiseanteil ins Netz. So können verschiedene Szenarien getestet und verglichen werden, um die passendsten Optionen zu identifizieren. Am Ende erhalten Sie eine detaillierte Übersicht mit Grafiken und Empfehlungen.

Indem mehrere Konfigurationen durchgespielt werden können, unterstützt der Simulator eine fundierte Entscheidungsfindung vor jeder Investition.

Entdecken Sie den Solarsimulator: solar.klima-agence.lu/de

Unabhängige und kostenlose Beratung
klima-agence.lu • 8002 11 90



L'école de musique est gratuite pour:

Tous les enfants et jeunes de moins de 26 ans au 1^{er} septembre 2026 qui habitent à Echternach ou dans une commune conventionnée *

L'inscription coûte 100€:

Pour toute personne âgée de plus de 26 ans au 1^{er} septembre 2026 et toute personne qui habite dans une commune non-conventionnée (pour tout cours ne tombant pas sous la gratuité du ministère)

* sont considérés comme élèves conventionnés les élèves provenant des communes suivantes:

Echternach, Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Junglinster, Manternach, Mertert, Rosport-Mompach et Waldbillig.

Cours d'instruments, de Formation musicale, de Chant et de Danse

Musique: vaste offre de cours d'instruments (vents, percussion, claviers, cordes) sur nos sites principaux d'Echternach et de Junglinster

Cours de musique jazz et rock/pop

Chant classique et chant rock/pop, formation chorale pour enfants à Junglinster

Danse classique (Echternach et Junglinster) et danse jazz (Echternach)

Cours d'éveil musical et de formation musicale dispensés à Echternach, Junglinster, Rosport et Consdorf

Une offre pour adultes est garantie pour tous les cours.

*NB : Pour ouvrir un cours collectif, un minimum de 8 élèves inscrits est requis

Découvrez toute notre offre de cours sur www.em-echternach.com



Ahhh!

D'OPLEISUNGEN

T	R	E	B	N	Y	A	P
L	E	K	H	Z	S	L	L
R	I	P	P	I	G	T	A
B	G	B	R	T	P	R	W
V	E	E	O	T	N	I	R
C	N	C	X	I	U	E	E
F	M	B	H	G	I	R	G
L	H	E	M	S	T	A	L

Hues du all d'Äntwerte fonnt? Hei kanns du kucken, ob's du richtig geräätselt hues!

[illegible]

Kommissionen an der Gemeng Bech

- Nohaltegkeetskommissioun
- Kommissioun vum Zesummeliewen
- Kultur- an Tourisemuskommissioun
- Transport- a Verkéierskommissioun
- Sport- a Fräizäitkommissioun

Dir wëllt iech aktiv bedeelegen a matschaffen - da melst iech an eng vun de berodende Kommissiounen an der Gemeng.

De Bierger kritt domat d'Méiglechkeet, sech aktiv um Ausschaffe vu Projeten an un der Léising vun eventuell an der Gemeng bestoende Problemer ze bedeelegen.

Wann dir Interessé hutt, fir iech an der Gemeng ze engagéieren,
da mellst iech

per E-mail u gemeng@bech.lu
oder per Telefon um 7901681.

Gemeng Bech op Insta



